# Lezebuurjer Gedichter a Proosashteker fiir ons Shoulen

Zesumegeshtallt fun ènger shtaatlecher Komissjoun.

I. Hèft.

Gedrekt zu Lezebuurch, 1946.

Drekerai Charel MUNSHAUSEN

# Lezebuurjer Gedichter a Proosashteker fiir ons Shoulen

Zesumegeshtallt fun ènger shtaatlecher Komissjoun.

I. Hèft.

Gedrekt zu Lezebuurch, 1946.

Drekerai Charel MUNSHAUSEN

## Ons Shprooch

Den Enfants de Luxembourg zouerkannt (1903).

Van dem Faiervoon seng vaisen teinen,
t Uelzecht ons hiir prèchtech shtroofe sengt,
Van de Kanoneier ons zu treinen,
an t Mum Seis ons frou zum laache brengt,
Fèst am hierz a fréédech a gedangken
Soot et iech a maacht en deive kniks :
T as ons shprooch, dèèr miir daat glek ferdangken,
T as ons shprooch mam Lentz a mat dem Dicks.

Hai, dei hun e freijoor foler lider
An onst lannt gedroon mat hèlem shall !
Fun den heichte klengkt et monter nider,
Monter klengkt a sengt et aus dem dall.
Aarm a raich, de shtieter vi de bauer,
Ales shpiirt, e voner as geshit !
Aarm a raich, am glek vi an der trauer,
Sengt dei nèmlecht vais, daat sèlvecht lit.

Héémechtsshprooch, vei miir dech sange konnten,
Vaars de ons vei op en naits gebuer !
A vei miir am lit sou shein dech fonnten,
Hu miir diir èng fairech leift geshwuer.
Velt de friemen iech seng lider praisen,
Laacht en aus a glééft, vaat t hierz iech séét :
T klengkt dach naisht vei t lezebuurjer vaisen,
T teint dach naisht vei t lezebuurjer réét !

Op miir shafen, drèèmen ooder dèngken,
Emer shtèèt dei shprooch ons trai zuer sait ;
Iverall vou t héémechtslider klengken
As och ons klèngt héémechtslannt net vait :
Gi fum lieve miir an t friemt fershloen,
Iver t mier bis zu der fèrnster grènnz,
Kene Lezebuurch miir mat ons droen
An dem lit fum Dicks a fun dem Lentz.

Héémechtsshprooch, miir velen heich dech haalen
Vei e fuendel, dien zum glek ons léét,
Die seng sait mat blo-vais-roude faalen,
Shiirment em ons hèlech fraihéét bréét :
Fun der leift, dei ons an t seil geshriven,
Onse kaner sols de biirchshaaft gin :
Vaat miir vaaren, si miir gleklech bliven,
A sii sole blaive, vaat miir sin !

Get den daach ons muenchmool laang a shweier,
Velt t gevallt ons frèch a fèssle shloon,
Laacht mam Kètei, kraisht mam Kanoneier,
«T Héémecht» sangt a sangt de «Faiervoon».
Op dem gronnt, vou t èltre miir begrueven,
Shtaat an dierfer, réécht iech t bruderhannt :
Fèst a frééedeech vei zum Got do ueven,
Haalt zum Lentz, zum Dicks an zu dem lannt !

**Nic. WELTER.**

## Ons Fraihéét.

(Aus der operèt «Vaat den Himel huet gebonen».)

Onns lait de fraie géésht am blut,
Ferhaast as onns al zwangk.
Fiir t fraihéét, fiir onst héélechst gut
Soo miir dem Himel dangk.
Van och fun onns, mat knaper nout,
Sech muench éé shleit erduurch ;
Zefriden est en dach sai brout,
Am fraie Lezebuurch.

Van aaner shtollz sin op hiir muecht,
Dei gone miir e gier,
Vèl iver onns hèlt trailech vuecht
En hèle fridensshtier.
A baue sii mat vèl an tiir
A shannze sech èng buurch,
Sou secher sin sii net vei miir
Am fraie Lezebuurch.

Vaat noze kraaft a gider raich,
Van t hierz net frai ka shloon !
Kéé folek kent u glek ons glaich,
Daat duerfe shtollz miir soon.
E vonnsh géét vei aus èngem mon
Zu Déém do ueven hin :
«Loos fiiru blengken t fraihéétsson,
Dei miir sou laang gesin.»

**Demy SCHLECHTER.**

## De blanen Tais. (Theis)

Opus 49.

Ech zeien uechter t lannt erem
Mat menger fra am aarem ;
T lait kènen al meng freilech shtem,
An t krèngkt mech kèè jhandaarem.
Ech hu fiir jiderèèn èng vais .
Geshtemt as emerfort meng gai.
    Juchhai !
Ech sin de blanen Tais.

Van ech an ènger uertshaaft sin,
Daat brèuch kèèn èuszetromen ;
T lait glèich op alen diire shtin.
An t kaner em mech komen.
Vèl ales laacht fiir jider vais,
An ales shwèzt fu menger gai.
    Juchhai !
Ech sin de blanen Tais.

Op kènger houchzèit voor nach frèèt,
Van ech net drop gesongen ;
Op kènger kiirmes, vèit a brèèt,
Get ouni mech geshprongen ;
Vèl ales laacht fiir jider vais,
An ales dannzt no menger gai.
    Juchhai !
Ech sin de blanen Tais.

A vèèr ech nuu kèè musikannt,
Da mist ech hèèshe goon ;
Ech kan esou, t fra mat der hannt,
Mech braaf erduurech shloon.
Mèi glek, daat as èng leshtech vais.
Meng rènnte sin a menger gai.
Juchhai !
Ech sin de blanen Tais.

DICKS.

## De Kèshtebaam am Koleish.

Vaat dausht a vaat pespert esou an déém baam,
Dé prèchtech seng èsht em sech shprèèt ?
Vaat zidert am vannt dran as vèèr et en draam,
Déén duurch seng blieder higèèt ?
Erenerongk as t aus fergaangene jooren,
Dei fiir mech fol glek a fol seissechkèèt vooren.

Vei miir daat gepespers sou hèèrnlech ferzielt,
Dat ech shon als beifchen e kannt,
An emer haat miir èng shpilplaaz gevielt
An t vèk hu gebrult an dem sannt,
Va fort an t vokannz t shtodènnte si gaangen,
A miir an der plèz hun ons juecht ugefaangen.

E voor du sho shein mat der kroun esou heich,
An huet t son geshengt draan esou vaarm,
Dan hun ech gelaushtert sho gieren t geshpreich
Fum freileje filerchershwaarm,
Dei haate gebaut sech op aasht an op èshtchen,
Fershtopt fun de blieder, hiirt dukelecht nèshtchen.

Vaat huet hien dèèr borshte gesin am koleish
Shtodeieren t iert an t geshicht,
Latain a franseish
An tèsslen e shrèklecht gedicht,
An an den ègsaamen an t fiedere baissen,
An op dééne bèngke sech t boksen zerraissen.

Vuer sii an der vellt och fershprèèt sin su vait
Mat muenchem ferlueren draam,
Déén hinen haat bruecht dei leif jughentzait.
Sii dèngken nach haut un dé baam,
An un dei ferkeiert shpichten a flausen,
Mat déénen as sii hu gelaacht an de pausen.

De baam as nuun aal a mus filen de laasht,
Voumat as den alter en drekt,
Ferluer huet e muneneche krèftechen aasht,
Déén t jooren eroof hu geshplekt :
T gèèt him vei dem mennsh, de shtuurem an t vieder
Hun oft him zerzauselt seng bleien a blieder.

Ech venshen em, dat hien nach laang sol gesin
T shtodènnten al shafe mat flais,
An t filercher him hiir konzèrten nach gin
A veie sech leshtech um rais.
Laang joere sol hie seng bleien nach draiven,
A kèè fun de jonge sol seze mei blaiven.

22. 8. 90.

**M. LENTZ.**

## Dem Jabo seng Kaap.

Der hut aleguer de Jabo kannt :
De sheinste jong am gannze lannt !

En haat de polefer net erfonnt,
Oover am ivreje voor e gesonnt.

Vei de Jabo op t vèllt koum, soot sèi pap :
«Ech mèngen, daat kannt huet e vaasserkap.»

Mè daat gesait één net ener dem hut,
An ivrejens, e shtéét em gannz gut.

Seng mam dei soot : «Sai kap as liicht,
T geshaithéét kééft één net mam geviicht.»

Vei de Jabo sho siive joer haat,
Du soot seng mam : «Elo gi mer an t shtaat,

Onse Jabo kann net mei blouskap laafen ;
Ech mus dem kentchen èng kèpche kaafen.

Mer gin an t Fléèshiirgaas bai Vaalensse Jhos,
Dien huet iech kaapen, et as e genos !»

Se gin an de butek, t mam an de jong.
T jofer Luis kukt a baist sech op t zong.

«Vaat vèèr iech gefèlech ? - «Mir hète gier
Eng kaap fiir de Jabo.» - «Da kom emool hier,»

Soot t Luis-« a sez dech emool dohin,
Ech huelen der t moos mat der mashin.

Esou gesouch ech mai lieve kéén,
Madame, èère jong as e phénomène !

Vaart één amènnt, ech rufen den hèèr,
Onsen hèèr geseich daat sèlver gèèr.»

De Jousep kennt, a kaum erblekst en
De Jabo, du rift en : «Daat as déén deksten !

Déén as fil ze dek fiir an ons mashin,
Kom hier, mèi mènchen - Luis, loost sin,

Ech huelen de Jabochen an den aarem
An da gin mer zesumen op t Plesdaarem.

Do huele mer ronderem de kiosk seng moos,
An da krit en èng èkstra maache geloos.

T beshtèlong gouf zu Frankfurt gemaacht.
Hai koum e breif no en daach er aacht,

Das dem Jabo seng kaap an der aarbecht vèèr,
Ma t geif alerdengs eng daier afèèr.

Sii vèèren net op déé kaliber geriicht,
An den transport ! An daat geviicht !

Mè, brèf, t beshtèlong geif èfèktüeiert.
Sii hèten e vago reteneiert,

T kaap geif rulen a kuurzer zait
An se geifen hofen, se vèèr all right.-

De frachtbreif kennt, an den Débiké
Get sech mam mivelvoon op de vé.

Op der gaar um pèrong dobausse shtéét
T familje shon zum emfangk beréét.

Den zuch lééft an, den zuch hèlt shtal :
«Dem Jabo seng kaap,» esou rufen se all.

Et as iech eng kaap evei en haus,
De shtuerz shtéét iver de vago eraus,

An op dem shtuerz, fèstlech ugedun,
Fiir Schiltze Vik mat der sondesser dun.

Do shtéét t Concordia, vei roosen
T Uelzecht an t Marseillaise ze bloosen.

Dem Jabo seng mam, dei séét fol fréét :
«De shtuerz as flèicht èng grimelche bréét,

Mè houfrech bas de dran ugedun.
Kom hier a mies se gleich emool un.»

Zeng mann, dei paaken se hanen a fiir
A sèzen dem Jabo t kaap op t shtiir.

«O frèk» séét de Jabo, «dei do as gemèng.
Elo as dei louder mer jo ze klèng.»

Batty WEBER.

## Arvoar, leif Fren !

Nuun èdi, son a sumerrousen !
Den hiersht rabèt a roost duurch t lannt.
T aarm shmuerble kenen net mei frou sen.
Se shudre sech am naasse vannt.
Se sezen op den dééch a raien
An diskereire shtonenduurch ;
Iir gaart a flouer vèis do laien,
Sen si sho vèit fu Lezebuurch.

Arvoar, leif fren, a gleklech rèès
An t lannt, vou t soneblume shtin !
Arvoar, de vanter kent. Vie vèès.
Op miir nach èèmool ons gesin.

Diir huet ons t freijoor an nai lider
Mam soneshèin an t lèntche bruecht
An duerno gleklech an zefriden
Gebaut a fiir de shtoot gesuercht.
Mé t nievel komen, t blieder fierven ;
Vei mecht daat t hèèrz sou baang, sou baang !
T gevaan an t vis gemuunt un t shtierven,
Fort, fort ! de sumer as fergaang.
Arvoar, leif fren, a gleklech rèès
An t lannt, vou t soneblume shtin !
Arvoar, de vanter kent. Vie vèès,
Op miir nach èèmool ons gesin.

De shtuurm jéét t vollken iver t hèus ;
De réén mecht t lait sou morsh a mongkech,
O vèèr èèn èus dem lèèt erèus !
Leif shmuerblen, huelt mech mat op t rèès
An t lannt, vou t soneblume shtin !
De vanter déén as laang. Vie vèès,
Op mir nach èèmool ons gesin.

W. GOERGEN.

## 1798.

**Es ist besser, dasz wir fallen im Kampfe, als dasz wir sehen das Unglück unseres Volkes.** **Mach. 1. 3. 59.**

Se muerden ons kaner, se shènen ons fraan,
Onns sheisse se dout ooder shpèèren onns aan,
Dei bluthon ! A miir sole shtel daat erdroon,
Van dééjlech onns shmoot get a shaan ugedoon.
Miir bauere gongen nach kèèmools am jach.
Nach frèi si mer haut an ons fèisht hu mer nach.
Am lannt blaift net èng sansculotteshpuur,

Daat shwiert iech de sheifer fun Aasselbuur :
«Leiver dout vei net frèi !»

Eng shudreng pakt t bauern, dei rondem do shtin.
Shtel giņ s èusenaaner, a kèè séét vouhin.
An iver eng vailchen sin s al erem do
Mat seissel, mat gaafel, mat fisik, mat shlo.
«Hai shti mer zesumen, lo hèlef onns Got !
Fiir t frèihèèt, an nider mam sansculotte !»
Hiir fraan shtin entgeint en, fol baang t hèn gefaalt :
Blaift, shount dach èèrt lieven !» Mé t èntfert ershaalt :
«Leiver dout vei net frèi !»

Se viere sech daaper, se viere sech gut ;
An dach drengkt de buedem fil frèit baureblut :
An droen hiir kughlen den dout och duurch t luucht,
A meien hiir seisslen och lievech fruucht,
Et komen nai fainden an t komen der mei,
Fiir zeng, dei faalen, ershtèèt èng armei.
«Erget iech, rebèlen, ferdaamt tokech ras !»
Sou shaalt et eriver. Hir èntfert dei as :
«Leiver dout vei net frèi !»

Si haate gehoft, vèl hiir saach voor gerècht.
Ongglekelech bauren, vest, muecht gèèt fru rècht.
Fun déénen, dei mudech voor'n èusgezun,
Do koumen der veinech mam lieven derfun,
An dei muste vèichen der haarder gevallt.
Lo shtin s als rebèlen un t mauer geshtallt ;
Mè ier nach hiirt blut fierft den hèèmechtssannt,
Haalt t lèshtmool den trozeje ruf nach duurch t lannt :
«Leiver dout vei net frèi !»

Demy **SCHLECHTER.**

## T Gestapo as do !

### I

An deiver trauer sezt den aale pap frum hèèrt,
Déén ouni flaam a faier, an der klènger shtuf.
Vei daks haat hien den Nik, sei jong, als bouf ergèèrt,

Van hien net glèich sech afonnt haat bèim eishte ruf !
En haat e shtrèng gehaal, em glaat nèisht duurchgeloost.
An dach, den Nik houng un him mat lèif a seil,
A vat de bauer mei gefutert a geroost,
Vat mei den Nik geshpaast, dat hien em sou gefeil.

II

Vou vaar en hin, den Nik, sei gude, braave jong ? -
Dei greng, dei hèten hie gèèr t lèsht matfortgeshlèèft,
Vèl hie sech net zum militèèrdengsht shtèle gong.
Hie vaar entkomm an haat t Gestapo agesèèft.
Am besh vost hien eng hiel ; vershtopt haat hie sech dran,
Bis t loft nèès rèng an hien an t friemt vershwane kennt.
Gesin haat kèèn e mei. Sèi pap haat t aan sech blan
Gekukt an deif gesèifzt : «Flèicht kent e maar, flèicht hennt !»

III

Mè vei ? Do lèit e breif ! Fu senger hannt !
Fum Nik ! - Den aale pap get blèèch evei der dout !
En zidert an e veimert lues : «Mein aaremt kannt !
Vou bas de drun evèl ? A vaat fiir enger nout ?
Dei nidertrèchtech hon, dei dech fu miir geras,
Vèls du net shtielen an net muerde vels vei sii !
Van t aarem menshhèèt haut esou onggleklech as,
Et as duurch sii, vèl sou ferbriecher gouf et ni.

IV

«Kan ech der helef brengen, o, vei gèèr vèèrt ech et maan !
«Vat shraifs de miir, mèi leive, gude, brave jong ?
«A mist ech goon, bis t blut mer leif aus jitfer shong,
«Ech geif troz menger joor mech nach derduurechhaan.
«O Got ! De mut féélt miir ze liese, vaat e shraift,
«An dach - ech mus - ech mus, ech sin dach sos kèng shlap.
«Et dannzt mer frun den aan, vèès net vaat u miir draift,
«E shraift : Ech si ferrooden ! Duerfiir èdi, pap !»

V

Kèè vuurt krit mei den aale pap erèus - e viircht - e shlekt -
Mat beiden hèn grèift hien sech un den hallz - e shtèèt
do vei fervalt - en ootemt shweier, vei ershtekt ;
T klèng shtifchen ronderem sech em hien dreien dèèt,
«Dan èdi, kannt !» brecht hien an treinen èntlech èus ;
Stom fèlt en a sèi shtul a reiert sech net mei. -
Zwein déé̀ch derno droon t nooperen hien èus sengem hèus ;
Hie voor erleist, vèl t hèèrz voor him gebrach fu vei.

**1943** **SIGGY fu LEZEBUURCH.**

## De shtèèrkste Velen.

De Baiemechel fiirt nach mam ues.
Sèi jong hèt leiver e pèèrt.
Den aale geif shon t gèllt an t vues,
Mè t fra as net alèèrt.
De bauer mecht en ivershlaach :
«T fruucht shtèèt mei shei vi sos ;
E pèèrt daat vèèr èng aaner saach,
En ues mecht him ferdros». -

Zum jong hie séét : «Lo seif getreisht !
Van aiser Hèrgot velt,
Da kaafe miir am hiersht e beisht,
Du kris dann t glosht geshtelt.» -
De jong fu rooserai baal brelt :
Du vèès, dat nèisht drèus get :
Van eiser Hèrgot zengmool velt,
Ais mam dei velt jo net.»

**Th. FABER.**

## U Vollz.

Vollz ! mat denge béérjer, dengen dèl,
Vollz ! mat dengem aale shlas.
Kuk, miir meich kèè gèllt, kèè gollt dech fèèl !
O, vie séét vaat s duu miir bas !
O, vaat lèit e klangk, en deiven,

Drongken an déém eivechsheine vuurt.
T as vei van sech t himle vaide geiven
Ivert onsem klèngen héémechtsuurt.

Van ech duurch deng frenntlech shtroosse gin,
T fréét an t aarbecht hannt an hannt
Vei zwou shwèstre bai enèè gesin,
Filen ech mech als dèi kannt.
An dei fritlech kanerzèite vaachen
Op èus hiirer laanger, shteler rou.
Op meng fairech baake léén se t laachen
A si maa mech gleklech, jongk a frou.

T shtèèt um aale vé e klèngt vèist hèus,
Vou mèi fous net vaider kan.
Zu de fenstere luust t glek erèus,
An t zefridenhèèt vunt dran.
Duurch dei vèn a maure klengkt nach t shaalen
Frou a frèi fu menger kanershtem.
T aal erenerongken, dei se bai sech haalen,
Teinen emer t écho nach erem.

Kuk, do lèit mèi rèèf am aale shap !
Dak sin ech mat him gelaaf.
Kuk, do lèit mèi pèèrtchen a mèin dap !
Kuk, do hèngkt meng flennt am shaaf !
T as vei van de freshe kanerootem
Drem vei hèljen doft nach fleie geif.
T as vei van e shtek fum hèèmechtsbuedem,
Fun der groer shol, drun hèngke bleif.

Al t erenerongke vaachen op,
Dei ferloos am haus geshloof.
T lou fu shteps èng hannthei drop.
Mè am tèrvel fleit s eroof.
An dei aal erenerongke blengken,
Liichte, fongkle graat vei sonegollt.
Blengken, felen t hèèrz mat kanerdèngken,
An déém glek sech a meng héémecht moolt.

Sin dei zèiten och sho laang dohin,
Dei de sheinen draam mer shpent......
Loost mech drèèmen... T hèèrz hun ech gin,
Daat an hine fride fent.
Loost dei joor frum gèèst dohinerzeien,
Vel ons kanerzèit as soneliicht,
Daat, van t lieve laang shon am ferbleien,
Emer vaarm nach op et niderliicht.

**Fr. CLEMENT.**

## T Viichtelcher hèlefen dem Marichen.

**Eus der Sééchen an 3 Biler «T Viichtelcher fu Bègen.**

M a r i c h e n. (helt seng bicher èus senger taabel a sezt sech bai den desh.)
O mam, ech hun ze shraiven graat haut èng grous lèksjoun.
E selechen ze leiren an ech vèès nach kèng boun.
Dobèi sin ech sou shleifrech, ech faale baal fum shtul.
An nuu sol ech och shafen nach hai èng hèlevul.
Vaat heleft miir mèi kloen, ech fèngke leiver un,
Ma vei as daat, et gèèt net, meng aen dei faalen zou.
O hèt ech dach alt nemen èng haalef shtenche rou.
O viichtelcher, komt heleft, maacht diir vaat ech net kan.
Ech sin sou mit, ech shloofe, shloofen an ...
(Iverdééms léét et de kap op den desh an entshleift.)
(Eng klèng paus. - Dan no an no t viichtelcher.)
K i n e k : Et shleift. Lo hèèsht et shafen, lo kome miir un t rai.
Duerfiir, fun ale sèiten, diir viichtelcher, erbai !
(Zum Shtupi, dien èng grous fieder bai sech huet.)
Duu, klèngen hèèr profèsser, klam duu hier bai den desh,
A shraif mer shein a proper, deng fieder as jo fresh.
Den thème sèit 36, gannz ueven op der sèit ......
S h t u p i : Ech dongken nach mèi brell op, da sin ech esou vèit.
K i n e k : (zum Rupi Duu, kom dech haihi shtèle mat dengem deke buch !
Soll hien e vuurt net vessen, da gèès duu dran op t such.
R u p i : (léét t buch op e shtul) Sho shtin ech hai ze vaarden, a vaat hie mech sol froon,

Ech vel him shnèl a secher meng èntferten drop soon.

Kinek: Duu, Knupi, huel de biesem a kier den drèk erèus.

Knupi: Ech boze vei en dannzsall sou blengkech t gannzecht hèus.

Kinek: Duu, Fripi, kans jo shpulen, daat kan dach jider kach,
Ma hai hèèsht et gut uecht gin, an nemen nèisht gebrach.
De Sipi kan der an t hannt goon, hien drechent ales oof.
Ma shteiert nemen t kannt net, et as sou gut am shloof.

Fripi: Shon hun ech em mèi shiirtech, dirèkt lo gèèt et un.

Sipi: Ech pomple shnèl alt vaasser, dohanne bai dem krun.

Kinek: Aha, nach blaift den Huzeli! O vaart, du kris èng rèng.
Duu hels dohanen t bailchen an hèès daat hollz hai klèng.
Nuu get iech un t aarbecht a maacht al shnèl èèr saach.
Dat ales feks a fierdech, van t Mariche get vaach. (Oof.)

Shtupi: (die bis elo geshriven huet)
Ai nondikas, daa's shweier! Ech vèès, t huet hanen «elle».

Rupi: Vaat vèès de net?

Shtupi: Die Schwalbe?

Rupi: (kukt am buch) daat hèèsht dach l'hirondelle.

Shtupi: Ma vei hèèsht t nuechtegailchen dan op franseish sho mei?

Rupi: (kukt) Da vaart. Aha, hai as et! Le rossignol hèèsht dei! (Dem Sipi as baal en tèler entfall ;)

Fripi: Da gef dach uecht och, Sipi, do vaar déé baal geretsht

Sipi: Van t tèleren sou naas sin, as shnèl der èèn entvetsht.

Knupi: Jo kuk, do kan ech kieren, an duu mechs naien drèk.

Huzeli: So vèès de daat, da kier duu dohanen an dem èk.

Shtupi: Ma vei sol ech hai shafen, van diir shpektaakel maacht!

Sipi: Jé maach dat kèèn dech heiert a sech èng bos nach laacht.

Fripi: Vèls du die fiederkèil hues, mèngs duu,du vèèrs en hèèr.

Shtupi: Van diir meng aarbecht maa velt, da komt, diir krit se gèèr.

Knupi: An dan de monsieur Rupi, vei déén sech mecht esou dek.

F r i p i : Jo graat vei van hien droo mist t gannz vessenshaft um rek.

S h t u p i : Loos duu se rouech shwèzen, si gi mer op de mo.
Kuk shnèl, vaat hèèsht «der Weiler» ?

R u p i : Der Weiler ? le hameau.

K n u p i : Dajé, maach èntlech fiirun.

H u z e l i : Hèls de nèès gèèr èng riet ?
Daat gèèt net veis duu dèngks graat, et sin elèuter kniet.
Ma kom, lo sin ech fèèrdech.

K n u p i : Entlech ! Gotsaidangk.
Vèl vèès de, daat getrèntels, daat mecht mech viirklech krangk.

F r i p i : Sou kuk, lo blengkt nèès ales, dei depen an t geshiir,
vei van et èus dem butek gannz fresh elo keim elier.

S h t u p i : Il... aime... les... bons enfants. Pongkt. Do as daat och geshit.
Nuu gèèt et shnèl op hèèm las, vèl ech si shrèklech mit.
Hut diir och ales proper nèès op seng plaaz geluecht ? (Al vengke jo.)

S h t u p i : Da kene mer jo shreken ! Avuer a gut nuecht ! Se gin al oof.)

M a r i c h e n : (ervècht a raift sech t aan.) A vei as daat da gaangen ? Voor ech enttommpt elai ?

**J. IMDAHL.**

## T Klake fu Meishtref.

**10. Mèè 1940**

Vei hut der am frit sou gemèlech gelèut,
Klake fu Meishtref !
Vei hut der em t Pengshten sou roose gejèut,
Klake fu Meishtref !

Vei sit der gejhauft ! Vei hut der gedibert !
Vei hun an den haiser t rèute geklibert !
Klake fu Meishtref !
Den hèèr fu Meishtref, en eissleker tok,
rèisst un de sèèler mat frèèslechem zok.
Seng peis, dei roost iver bierjer an dall.
Den tuur, dé basht, menger vèrech, fum shall.
Klake fu Meishtref !

Diir hut vei fervonter em helef geruf.
Eèr krèèsh, dei shudern duurch shaier a shtuf.
A voor de monnt och fum beshof geséént,
Eèr flich, dei koumen op t Praise geréént.
Klake fu Meishtref !

Den hèèr fu Meishtref laut daaper zou haaf.
Hie laut ons fraihèèt, ons rèchter an t graaf.
Nach èèmool pengkt diir sou traurech, sou mit...
De bauren dèusht an den ooderen t geblit.
Klake fu Meishtref !

Sho klemt den hèèr bis an t klakegehais.
Kèng klak sol goon fiir dén drèkeje Prais !
Dout solt diir hèngken doueven am tuur ! ...
A shtrangk em shtrangk as a faze gefuer.
Klake fu Meishtref !

Vei hèngkt diir klaken, fershootert am tuur !
Den hèèr fu Meishtref hun t Praise geshuur.
Am dout nach mouch daat him knupeje shpaas.
Seng aan, dei blouve fol kraaft a fol haas.
Klake fu Meishtref !

Vei hut der am frit sou gemèlech gelèut,
Klake fu Meishtref !
Vei hut der noom krich duurch al hèèrzer gejèut,
Klake fu Meishtref !
Vei sit der gejhauft ! Vei hut der gedibert !
Vei hun al Praisen t shangke geklibert !
Klake fu Meishtref !

**Velem WEIS.**

## Miir rufen !

Miir rufen !
Miir rufen ons lait, dei dobaussen nach stin,
Dei dausent, dei nach fu ferlaangre fergin,
Miir rufen !

Miir rufe fil dausent fun aaneren nach,
Fun dééne kéémools onst dènke gevach.
Veinst hinen as muencher hierz gebrach.

Miir rufen no hinen zu jitvider shton.
Miir rufe mat léét an der brosht an am mon.
Al vuert as e vei. Al vuert get èng von !

Miir rufe fergievens an onroujen dréém...
Si laien dobaussen am sannt an am léém.
T kent kéé fun hinen no Lezebuurch hééṁ.

Miir rufen...
Sii shloofen dobaussen en hèlje shloof...
Sii sheken fum himel de friden eroof.

P. NOESEN.

## Aus der Kanerzait.

Onse pap voor t rou an t zefridenhéét sèlver. Van t zaite shlècht vooren an t lieve shweier, van t mam an t kaner sech alt bekloot hun, vei éé sech esou haart dreke mist, dan huet e fum siivenzengter joer ferzielt, vou et nach fil mei shlècht voor an t lait brènnèssele geshniden hun, fiir mous derfun ze kachen.

Eént bas duu dem lieve shelech :
Buush dech ooder dult a rou !
Bas de ambos, sééf gedelech,
Bas de huemer, da shlo zou !

Zum huemer konnt hien et net brengen ; en huet al sai lieven t rol fum ambos gehaat, ma e voor gleklech an zefriden derbai. T huet sai lieve kéén de pap èng zigaar raache gesin. Hien haat emer sain ierde kliefchen an e shtek roltubaak fun èngem su. Dé gouf an der hannt geshniden, opgeriven an opgeshtopt, e kielche, dé gut gebrannt huet, drop geluecht, an esou gouf gefemt. Et vaar èng fréét fiir em nozekuken, vei en dei paifchen esou gehéésherlech ugefaangen a genos huet.

T haischen, vouan as t familje gevuent huet, voor och hiirt ééjentom. Et voor fun der mam hiirer sait iverkommt an

zenter mei evei zwééhonert joer an der familjen ééjentemlech geviesht. T hausdiir vaar an zwéé déél, en éveshten an en eneshten. Den éveshte voor nach èng ausgezééchent shrainer-aarbecht, vou t joerzuel 1614 op graveiert shtong. T haischen haat graat plaaz genoch fiir t familjen opzehieven : èng grous kuemer fiir t jongen, och esou èng fiir t méédercher, èng klèng kuemer fiir t èlteren, èng shtuf fiir al zesuemen, mat ènger taak, èng kiche mat èngem faierhiert, vou èng heil anhong, èng èshekaul, dei mat ènger shtèngeplak zougedèkt voor, èng aart sidel, op dei éé sech seze konnt, van één naas a kaal héémkoum an éé sech giere bai t faier gedukelt huet ; enert dem haus e sheinen a gude kèler, iver t gannzt e shpaicher, am ufangk enert èngem daach fu shtrei, haneno fun zilen. Vie ka sech èpes leivecheres an héémlecheres fiir kaner dèngken, as vei esou en haische mat senger taak, sengem faierhiert, mat èshekaul a sidel an heil ?

An esou èngem haus entshtéét no an no èng fréét um shafen, èng losht um lieven, e mut fiir sech erduurchzeklapen, a fertrauen u Got an un t zukonft, dei iver al baterkééte fum lous sech evèch hieven a voner shtiichten !

Esou voor et dohéém.

T Lischen voor daat éélst. Sii voor zwielef joer mei aal vei ech. Sii haat also uechzeng joer, vei ech an t shoul si gaangen. Fu jongktem un haat se mech apaartei gieren an huet sech fil mat mer oofgin. Ech erenere mech nach, vei se mueres geholef huet mech undun a meng hoer fai gekèmt huet, vei ech fiir t eisht an t shoul si gaangen, a vei se fun déém daach un emer an emer hanert mer voor, fiir t lèksioun bai er opzesoen an er ze ferzielen, vei et an der shoul gong. Hiir mei a suerch fiir mech haat e gude resultaat, a van t zensuuren héém si kommt, dan hun ech emer èng èkstra béés fun er krit, vèl se emer zefriden dermat voor. Van se dan de boun papaier fun ale saite bekukt an dem pap e gin huet fiir z enershraiven, dan huet se och alt gesoot «Die jong musse mer shtodeiere loossen !» Ech vost laang net, vaat daat bedaite geif. Ma, esou vei ech no an no an de primèèrshoulen erop goung, hun ech et dach begraft, an ech hu mech mei a mei beflast, hiir dei fréét ze maachen. Ent-

lech voor daat lèsht joer erlaansht, an et huet gehéésht, ech geing elo an de koleish !

Du gude, getraien Iechternacher koleish ! Du éénzechen, daishteren, mossechen an dach esou leiven héémlechen a frenntlechen Heihaf mat dengen aale, groe maueren, denger geier traap, dengen èngke klasseshtuven, denge ferblazte fensteren, dengen zershnidene pulten a vaklechen desher, dengem sharmauseche pedèl an dengem shausseche Shmannt-maates, dengen uechtzeng shtodènnten an denge sèks profèsseren, dei nuun och al bis op hiirer en ètlech am eiveche fride sin ! Diir vaart zwaar net den idéaal fun ènger moshtershoul, aaver diir huet dach dem jong t liicht gin, an diir huet al eierlech un him gemaacht, vaat an dèèr zait ze maache voor. Dangk iech, fu gronnt des hierzens, fiir al daat guts vaat der un him gedoen !

C. M. SPOO.

### Vei et dem Kreshtbéémche gong.

Shuk ! shuk ! vei kaal ! Maacht t diireen zou, et freiert èè jo baal ! Heiert, vei de vannt dobèusse jhumt ! T shtiere fongkelen, t get èng kaal kreshtnuecht .........

Op ènger heijer kop shtèèt fiir am besh en dènebaam. Sou drèupech kukt en eroof an den dall, vou t liicht an de shneikiere glenert a fengkelt an t haiser sou shtel do laien. Dem gude bèèmchen as et net èèndun. Vaat nozt em och de selverpèllz, dien de vanter him em t shelere gehaangen huet, van de beise vannt em ales fol lècher dra rèist ! Vaat lèit em um lieven, van net emool èng klèng frèètche sèin hierz mei vierme kennt ! Shuk, shuk, vei kaal !

De béémche shudert sech. An dach voor et esou shein do op der kop, vei t freijoor koum mat sengem doft a senge lider. Du huet ales erem gelieft a gelaacht am besh an am dall, a van t leif senche sou hierzlech geblengkt a gewengkt huet, dan hèt hie mat kèngem op der vèllt velen tèushen. A van dann den oovent koum mat ènger guder vaarmer leftchen an t filercher sech an hiirt asht ueven an t dènekreinche gesaat hun, - da gouf geshpaast a gekikelt a gesongen a geshprongen, de béémchen huet sech baal gekremt fu laachen. - An haut ! esou elèng ! Et shengt, den Hèrgot huet e gannz fergies ! shuk !

shuk ! vei kaal ! - Sou shtèif si seng hèn a seng bèèn. T ae faalen em zou fu kéélt a fu midechkèèt. - E shleift ...... Hai op èèmool gèèt t himelsdiir op. Feier èngelcher, èè mei leif vi den aaner, kome luesech duurch t loft geshwieft. Hiir fleilengke blengken, vei va se mat dausent karfonkelshtèng besaat vèèren. Um rek hu s èng hètche mat alerlé saachen. Se fleien eroof bis bai den dènebaam a lues, gannz luesech, fiir das en net ervècht, zeien s en èus dem buedem erèus a luesech droen s en duurch t luucht an t shtaat an e grousse sall. Do sèzen s en nider. Da fèngken s un, hiir hètercher èuszepaaken. O diir meng leif lait, do vooren iech emool saachen dran ! Bleimercher, èpel a biiren, ales am paradèis geplekt : benntercher an zokergezais, daat sii sèlver am himelsbaakueve gebaak haaten ; shtiere, grousser a klènger, dei s um firmamènnt geplekt - honert an dausenterlè. Daat hu s ales un de béémche gehaang ooder drener geluecht. Si haate sèlver hiir gèlecht drun. An der ail blouf en alt haiantdo e shtrangk fun hiirem laangen hoer un dem béémchen hèngken. Vei s ales fierdech haaten an t liichtercher al ugefaangen, du hu se sech hèèmlech an de baam fershtopt, fiir ze kuken an ze lèushteren, vaat elo sollt gesheien.

Hai geint zeng auer gèèt t diir fum sall op, an hèèren an damen, grous kaner a klèng kaner koumen eraan.» O vei shein ! vei shei n!» rufe s al matenèèn. «Nèèn, daat hun t èngelcher fu Bééthléhéém secher sèlver sou ranjheiert !» - Daat gouf duu èng frèèt an elèuter. T musek shpillt, a kreshtlider shaale faierlech duurch de sall. Bei al déém trublemènnt an déer glous fu glekseilechkèèt kennt och erem lieven an de kreshtbéémchen: e shleit t aen op. «Duu mèin an duu mèin !» rift en op èèmool, da voor et dach kèèn draam, an t kreshtkentchen haat och u mech geduecht a mer al dei shei saache bruecht ! Abé, da sol och haut kèèn aaneren traurech sin.» A mat beiden hèn dèèlt en èus, kèè get fergies. Ales as gleklech, an dei aal vei dei jong sange mam hierz a mam mon :

«O gleklech zèit, leif kreshtdaachzèit,

Vou op der èèrt den himel lèit !»

W. GOERGEN.

## Mèin Dierfchen.

No laanger zèit hun ech et haut fiir t eisht erem gesin, mèin dierfchen. Dei heichste pepelchen, dei dra vuecht hèlt, haat mech fu fèèren erblekst an huet glèich den aanere gemèlt : E friemen hèèr kent an t duerf.» Hai, vei hu se duu t kèp al fiirvezech an t luucht geshtrèkt, vèl daat voor nèisht aldééjleches. «T as dien naien hèèr dokter», séét dei èng. «Nèèn, t as den hèèr shoulinspèkter,» rift dei aaner. Et huet mech ferdros, das se mech net dirèkt erem erkannt, vèl ech als bouf dach emer hiire bèshte frennt vaar. Ech hu mech graatshbèngches teshent se geshtallt an èng no der aaner ugekukt. «Ech sin den Demi, kènt der mech dann net ?» - «Jetenauen, kuk emool èè mennsh, den Demi ! Nèèn, bas duu aaver grous gin ! An e baart hues de der gezillt !» - An duu gong et las, èng em dei aaner : «Vèès d et nach ? Vèès d et nach ?» ...... -

A vaat se mer do ales an erenerong bruecht hun èus menger geldner kanerzèit, frenteleches an traurejes, èèshtes a shpaassejes, daat vel ech iech hai matdèèlen.

## De Shtupenèk.

De Shtupenèk hu s oofgeras. Ech soe sii, èèjentlech mist ech die shelejen dirèkt mam num nènen. Esoufil mus ech dien Dengsdierfer zuur entshelejong soen : Et voor e friemen, èè fu bai der shtaat. Du mèngs flèicht, do vèèr nèisht besoneshes drun, van emool esou en aalen èk èngem naie geif plaaz maan. Fir geveinlech vel ech iech recht gin. Mè van och èus èèrer kanerzèit èng leif klèng plèzche besoner fresh a kloor an t erenerong rèècht ; van iech t ferlaangeren derno pakt, dat kèng gevallt um èèrtbuedem iech kennt zrekhaalen, an diir komt dohin, t hèèrz fol andacht, an èèr aal bekannt as fort an an hiirer plaaz shtèèt èpes friemes, èpes daat iech glaat nèisht mei ugèèt, dan treft et iech èiskaal an t dèèt iech vei bis deif an t seil erann.

Meten am duerf louch en, de Shtupenèk. En haische grous genoch, fiir zuur nout èng aarem èuszierech vitfra mat hiirem lèèt an hiiren drèi onmenech kaner opzehuelen.

En aale shtreidaach hong op t fiishtdiir. De vanter voor

mat èisklèkelcher behaangen, vei dei aalmoudesh glaasampel an der kiirech.

An t gaas erèus as e baakueve gebelzt. Daat goufen zwein èken. Dien èèn èng shpilplaaz fiir t kaner ; dien aaneren, e gèèrtchen, zwei shrek grous.

Van t duerfkaner och nèisht respèkteiert hun, de Shtupegèèrtche voor hinen hèlech.

Net véént dem dèèrejen zongk drem. Mè an de gèèrtche gong dei klènggerèut shtufefenster an derhaner souz, sumer vei vanter an en dekt vele shnapech agebookelt, t Lein. Daat konnt vuel kèngem mei nolaafen, mè et haat e puer grousser aan, dei de kaner uerdentlech an t seil gebrannt hun.

T Lein voor sos net veisht mat de kaner. Et haat der jo sèlver drei, voufun daat éélst kèum neng joor aal voor. Dei konnten et sho bonnt draiven, iir fun der fensterplaaz e fiirvorf koum : «Ma kaner !» Mei konnt t Lein och net baienèè shwèzen, da voor shon erem die beisen housht do.

Am Shtupegèèrtche si blume gevues baal zu jitfer jooreszèit. Shneiklèkelcher a gukuksblumen, mèzvioulen an oarmenèèrchen bis shpeit an den hiersht eran.

A van de sumer t son senge blimercher dek gedoon, dat se duushterech de kap hèngken hu loost, dan as t Lein vuel bis an t kiche geshapt an t as erem komm mat ènger jhat vaasser an huet de sééjen iver sèi gèèrtchen èusgebrèèt, no rèchts an no lengks, mat èngem faierleche jhèst, vei de pashtouer, van e fiirun der houmas t gemèng séént.

E gude sumerdaach haaten t blimercher erem duusht, aaver de sééje blouf èus.

Am Shtupenèk gongen t noopeshfraen èus an ann.

Si hun t gesiicht an èèsht faale geluecht, va s erèus koumen.

Geingt oovent gong de pashtouer duurch t duerf, èng kouershèrp emgeshloen, enert dèèr en t ssakramènnten un t brosht gedrekt huet. E kouerjong gong dernievent ; an ènger hannt èng lanter, dei net gebrannt huet, an der aaner èng selver klèkelchen.

Dei huet gannz èèjen an de shtele sumer era geklengkt : Klingelingelingelingeling !»

A vou den «Hèèr» mam ssakramènnt erduurch gong, hu sech t frae from glèèvech un de vé gekneit. An t mèner hu respèktfol hiir kaap an t hannt gehol.

Bis den Hèrgot an de Shtupenèk era voor.

Duu shtrèken s op der gaas t kèp zesumen : «T as èng erleisong fiir t aaremt mennsh.» - «Eng shei laasht fiir t gemèng, dei drèi onmenech frazen.»

Am Shtupenèk voor ales geriicht, fiir den heije gaasht ze emfèngken. Iver den desh haaten t noopeshen èng vèis gehéékelt dèke geluecht, an drop shtong e porzelèins krèizerfeks mat zwèè gliese liichter dernieft. Doan hun zwou geséént kèèrze gebrannt.

T Lein souz opgeshtèipt am bèt fiir nach èng grimel loft ze kreien an huet seng grous aan shtaif op t vèitafe fenster geriicht. Iver dei blo kareiert bètzich haate se em e vèist hanntduch geluecht.

Klingelinglingeling mecht t klèkelchen an der kichen. T noopeshe sèze sech op t kneien a bieden : «Der für uns Blut geschwitzt hat. Heilige Maria ...» Do fèlt et ènger bèi : «An t kaner, git huelt seier t kaner !» Dei zwèè éélster haate se glèich bai hannt, oover t Kèti, daat klèngst ? Daat haat sech bai déém trubel an t aidel taak ferkroch a voor do, mit fum shpilen, entshloof.

Sou hu s et fonnt. Se hun et gereselt, fiir et vaakrech ze kreien. Eng noopesh huet em vaasser an t gesiicht geshprezt. T Kèti granzt a shudert sech, da lèét et sech op dei aaner sèit a shleift vaider. T onshollt huet en haarde shloof.

De pashtouer rèècht dem Lein t ssakramènnten. Daat leist ales iver sech ergoen, ouni vessen a velen. Sèi gèèsht as shons ivergaangen an èng bèsser vèllt.

De pashtouer gesèit et an drekt em lues t aan zou : «Requiem aeternam dona ei domine.»

Klingelingelingeling klengkt t klèkelchen erem duurch t kichen an iver t gaas fort.

Vie suercht elo fiir de gèèrtchen ? -

Am Shtupenèk sin drèi onmenech vééesekaner.

**Demy SCHLECHTER.**

## De Jhosi.

### Novèl.

Miir vooren zwei ferdreinter kadèten, ech an de Jhosi. De Jhosi voor en halve grifel mei klèng vei ech. Daat konnt e sèi lieve laang nik ferknaen. E soot emer, ech hèt mei dek suelen op de shung.

Oho !

Va mer t suele gemèès hun, da vooren èng esou dek evei dei aaner, an hie blouf emer den halve grifel mei klèng evei ech. T voor an der shoul, an der alereneshter shoul, an an der alereneshter bèngk, vou mer doriver geshtriven hun. Da kruut de Jhosi alkeier èng britsh an ech sèks pouten.

Hie kruut èng britsh !

Dèngkt iech emool un ! An en huet net gekrasht. En huet gelaacht, t gannz shoul huet gelaacht, vèl de Jhosi haat de shoulmèèshter an de knei gebas

Ais zwèè pulter vooren èng aart provianntshaaf. De Jhosi haat a sengem alerhannt gefaacher ageriicht èus brieder fun zigaarekesten. Shokela, bôbôen, jujup, hakernes, kwidekeis an al daat seist gezai, daat seng mam him al daach an t tèsh geshtach, gouf dragetèsselt. Van de shoulmèèshter da fiir bei der rèchentaafel shtung a sech oofgemeit haat, fiir der klènger bannt bèizebrengen, dat zwèè an zwèè feier as, da souze miir zwèè an der alereneshter bèngk mat der onshelechster min fun der vèllt nozelèushteren an hun an aler gemitlechkèèt un ènger boun ooder un ènger knup zoker gesukelt.

Aise shoulmèèshter voor èng grimel nèrveis. Miir vosten et. Miir haaten aise shpaas fiir en an den èifer ze brengen. De Jhosi voor dan emer den ierchsten. En haat e metel erfonnt, daat vei kèèn zwèèt gezungen huet :

Fun ènger aaler shpizt, dei en èngem jong an der grousser klas gehol haat, goufen dei zwèè hooren oofgebrach, de rèst da mat der shpezt an t bèngk gedrekt. T huet èè mam fanger dru gepengkt an et gouf èng musek, dei aise shoulmèèshter èus der hèut fuere gedouen huet.

Och soot de shoulinspèkter emer,va mer no èngem kwartaal zensuure kruuten : Tsheft, Jhosi, et gouf nèès e shtilchen an der ordnung. Brengs d et dan nik baal zou èpes aanesht ? -

Dei nèkst keier zou èngem footèl, hèèr shoulinspèkter... »
An ales huet geshmunzelt.

Eng keier muerjes, vei ech an t shoul koum, voor dem Jhosi seng plaaz nach aidel. T klas gung un. Hie koum net. T rècheshton gung eriver, uni dat èè fun es poute krit haat.

Miir hun alt al no ènger shpizt gesicht, fiir musek ze maan ; t lou emool kèngem èpes drun. Ech haat zwèè shteker shokela an der tèsh. Daat èènt voor fiir de Jhosi. Ech hu kèènt fun en alebeit gies. T voor mer dei gannzen zèit, vei van èpes ging féélen. Ech koum mech ferloos fiir. Sos voor daat èènt gebabels, èènt gesukels ! ......

De muerje konnt net eremgoen. Alzèit honertmool hun ech nievent mech gekukt. Dem Jhosi sèi grifel lou do, mat déém mer èis emer gemèès hun. Ech vèès nik, ech hu gemèènt, de grifel ging traueren. E mènche voor mat tenten op der bèngk gemoolt. Daat sollt aise shoulmèèshter sin... De mènchen haat èng trein an den aan.

Fiir t lèsht haat ech et dach zou èngem puer poute bruecht. Ech hu gedrèèmt ivertdéém ech se kruut. Si hun och guur nik vei gedun.

Metes soot de shoulmèèshter zou es, de Jhosi viir krangk, miir sollten no der shoul an t kiirch goen a fiir e bieden.

Bai der kiirech shtung dem Jhosi seng shwèster mat ferkrashenen aan. Ech hu se gefroot, vaat viir. Duu soot se, de Jhosi viir dout...... Daat hun ech guur nik begraf.

Dat de Jhosi kennt shtierven, haat ech mer kèèmools iverluecht. Ech shtung emool laang do mat groussen aan, an hun u mengem hoofelt geklabert. «Véén as dout ?» hun ech gefroot.

Ma aise Jhosi ! - T kannt fung un ze shluchzen an t as fortgelaaf.

De Jhosi ! shwat ech fiiru mech hin. De Jhosi... ! E shtèè rannt ech mam fous. Miir salen et gesin ! Muur gin ech e froen, duecht ech. Ech konnt glaat nik fershtoen, dat de Jhosi geshtoorve viir, vei sos èèn, déén s am doudevoon op de kierfecht gefouert hun an déén èè fun dèèr zèit un da kèèmools mei gesung.

«Lo as de Jhosi am himel», soot meng mam, vei ech hèèm koum. «Lo gèèt hie mam himelspap sengen èngelcher shpilen,

en dreicht e krènzchen om kap fu lèuter rousen an e lééft neme mei fun elèuter frèèt...»

«Mam, vou as dan den himel ?» froot ech.

«Ivert de shtèèren !»

«As daat vèit ?»

«Vèit, vèit fun hai,» soot se.

Du hun ech de kap gebekt an ech voor traurech. Ech hu geméént, mèi klèngt hèèrz viir zesumegeknekt. Ech hèt gèère fil gefroot. Ech konnt nik. Eng onbegrèiflech angsht, vei t baange frun èngem onbekannte lèèt gouf mengem kanermon kèng viirder derzou.

Ooves am bèt konnt ech laang nik shloofen. Vei ech lues a lues enttompt sin, hun ech gedrèèmt.

De Jhosi shtung op èèmool fiiru mer - grous a shein - an èngem laange, vèissen èngelklèèt. En haat èng lili an der hannt an om kap drouch en e leive krènzen èus vèisse blumen. Ales voor vèis un em.

Blous seng aan nik. Seng shei shwaarz aan dei hu mer zougelaacht. Ma nik vei sos. Ech hu geméént, hanert dem laache geif ech èng trein gesi blengken. Dei trein hun ech t gannz nuecht gesin......

«Da git shein dem Jhosi fiir t lèsht vaivaasser gin,» soot meng mam déén aaner daach zou aisem Jhosefin a miir. Miir hun èis bai der hannt gehol a gungen. Miir hun aijentlech nik gevost, vaat et hèèshe ging, èngem fiir t lèsht vaivaasser gin, ma vèl ais mam et gèèren haat, hu miir nik vidershprach...

Miir koumen duurch dei grous aisendiir an de blumegaart. Hane bai der mauer lou dem Jhosi seng dek aise bom. En haat seng frèèt, van e jik drener vei èng nos zershprongen as.

Dem Jhosi seng mam koum es opmaan. Gannz a shwaarz voor se geklèèt. Sii haat e vèist, zerknujhelt shnapech an der hannt. Mat roude, ferkrashenen aan huet s es ugekukt. «Komt der aisem Jhosi arvuur soen ?» Sii fong un ze shluchzen an èis zwèè koumen t treinen och an t aan.

Da feiert s es an e groust dèishtert zemer. Fun oove bis enen as et shwaarz behaangen. Fiir op èngem shwaarzen desh brènen zing kèèrzen an hanendrun, tesht grousse lorbershtèk, èng hei vèis boor. Op der boor huet e klènge vèisse krènze

geliicht. Baal graat esou èèn haat de Jhosi ooves am draam feru mer op. Ech dreke mech lues un aist Jhosefin ; t voor mer mool onhèèmlech ze mut.

Dem Jhosi seng mam as nik mei do. «Jhosi», pesperen ech. T kèèrze flakeren a vèrfe grous shiet. Hèèmlech shleberen ech mech tesht zwèè lorbershtèk erduurch. Ech shtin op t zeiven, ech klamen op den zuver a lé mech un t boor. «Jhosi !»

Do lou en mat zouen aan, èng grimel mei blèèch evei sos. Seng lepse vooren èng grimel mei blo. Lues komen ech mat der hannt u sèi baak.

«Jhosi» soon ech,» kenst de maar erem an t shoul ? Vaat vèèrt daat shpaas gin ! Mir ferlaangeren al no der. A vaat ech vel soen : Dem laangen op aiser bèngk hun ech en zilander opgedun, e kloof an de monnt gin... O, du laachs dech dout.»
En huet kèng min ferzun. E lou do, èèmool vei t aanert mool, blèèch, mat zouen aan.

«Jhosi, heiers de, Jhosi... !»

En huet nik heieren ! Lues dreken ech èè fu sengen aandèkelen op. «Vels de baal heieren !» O mam !

Ech klame fum zuver eroof. Ech huelen t Jhosefin bai der hannt a miir gin hèèm, shtel vei zwein daafshtemercher.
... Lux aeterna...

Dei eisht gunge shon enen am Lanepèsh, du koumen dei lèsht ereisht bai der kiirch. Ech hun e buki gedroon a gung fiirun der luet. Alerlè gedangke rannte mer duurch de kap. Eèmool voor ech hai, èèmool do. Mer gungen an de kiirfech an. Ech hun driver gedrèèmt.

T jonge sèzen t luet baim graaf neier. De pashtouer sengt a séént. Dem Jhosi seng lait shti ronderem a krèishen...

Den doudegriever kent. E mecht e sèèl em t luet. En hééft s op, an uni e vuurt ze soe, sèzt en s oof an t lach. De pashtouer verft drèi gaashele gronnt no. Berdou, berdou, gèèt et. De buki trelt mer èus der hannt. Besuercht kuken ech an t graaf...... t aan gi mer iver. Ech dreine mech em a laafe vei fum blez gejoot...

An der Heicht sin ech an de vues getrollt. Vèit, vèit iver de shtèèren ! Ferzwaivelt hun ech mat der hannt gevengkt. Frun ènger klènger kanerseil shtung dei eisht grous léévensfro.

Eng trein koum èus mengen aan a foul ivert de baak ...
Ene gungen t lait hèèm fun der laich.

François CLEMENT.

## De Golltvaier.

Freier, vei ons besher nach filech mei grous vei haut, huet an èngem fun déène greisten e klènge vaier geléen. Et voor nèisht besoneshes un em ze gesin, ma èèmool am joer voor en aplaaz mat vaasser mat lauter flessech gollt gefelt. Vien nun t glek haat, graat déén daach bei de vaier ze komen, déé konnt sech esou fil gollt shèfen a mat hèèmhuelen, vei en es gepakt huet. Diir kent iech dèngken, dat t lait fun ale sèiten erbèigerèèst sin, fiir mat bai dééne gleklechen ze sin. Daat domst bai der saach aaver voor, dat kèè firèus vost, veinei de vaier sèi gollt zum bèshte geif, an esou hun der honert an honert de vaide gangk an de besh fergieves gemaacht. Baal vaar dem vaier sèi golltdaach graat erlaansht, baal as en ereisht komm, van t lait shon erem fort vooren. Muncherèèn huet alt vochelaang do èusgehaal, fiir de gleksdaach nemen net ze ferpassen, ma um èn huet en aaver misse mat aidelen hèn an tèshen hèèmgoen.

Fir an de besh ze komen, hun t lait musse laansht èng shmet goen, dei net vèit derfun evèch geléen huet. Dei net kenech vooren, hu mèèshtens de shmat noom vé gefroot ; dei aaner, dei shon erem om vé fiir hèèm vooren, hun em alt hiirt lèèt gekloot, dat se nèisht errèècht hèten ; an èng dret zort, dei die pèèrtsgangk sho mei vei èès gemaacht haaten, hu sech baal zou dout geierjert, dat se rem e mèzleshgangk gemaacht hèten. De shmat huet se rouech shwèze geloost, ma dann huet en e besche shpeterlech geshmunzelt an zu hine gesoot : «Ma da blaift dach dohéém a loost dei flèuteraie mat dem golltvaier enervé ! Kukt, elai as mèi golltvaier, déé ferséét ni !» An dann huet en op t aise geklapt, dat den undels gesongen huet fu frèèt an dat t gehaanskwengkelcher zu honerten an der shmet eremgeflu sin. Déén èèn huet dann dem shmat esou haalver rècht gin, en aaneren huet nèisht gesoot ma bai sech geduecht : «Déén doen as naidech, déé kan aanere lait nèisht guts fergonen.» Van de shmat esou èpes anuechtgehol huet, dann huet

e shèlemzech mat den ae geblenzelt, t sheler gezun an da voor de fall fiir hien erliedecht.

Neme van èèn evei fernapt op de golltvaier voor a sech net vollt gin dermat, dan huet en iverm dropshlouen duergebas :«A vifil hun der da sho gollt fum vaier mat hèèmbruecht ? Nach kèèn èènzegen, déés en hèt et nuets hèèmgeshlèèft.» Daat konnt nuun aaver nèisht dengen, t lait hu sech net zerekhaale geloos a se si fiirun duurch de besh getierkelt a getierkelt, bis se de golltvaier fonnt haaten. T huet aaver kèèn dem aanere ferroode, vou e louch. Si hun hèèmlech gefaart, dien èèn ooder dien aanere kriit dach emool t glek mam bèndel ze paaken a geif eishter reich evei sii.

Doeriver as de shmat nuun aal gin an en huet opgehaal mat shafen. Ma en haat dach kèng rou am laif, vei èè séét, dofiir voor e sèi lieve laang zefil èèrdech an zefil oomessech geviesht. Fiir t zèit dout ze shloen as e baal haihi geméétert baal dohi getrepelt an esou as en och èè guden daach an de besh komm, vou de golltvaier laie sollt. E vollt glèich erem emkeieren, ma an der hoslecht huet e fergies, sech de vé ze mierken an en as emer mei vèit an de besh eragerooden. «Van èè mech geseich,» duecht en op èèmool, «da geif en nach mèngen, ech ging och op dien dome golltvaier las.» En haat t vuurt kaum èus dem mon, dun heiert en net vèit èpes dèushen vi vaasser. En as dropzougaang, an e vollt sengen aen net trauen ......... e shtong baim golltvaier. An et voor kèè vaasser dran, ma lauter flessech gollt. An daat huet gevaalzt a gevult a geshaimt vei t mier. Do louch et nèès esou geleisslech do, vei van et soe vellt : «Ma shmat, da grèif dach zou, daat as ales fiir dech !» Ma déén huet sech haner dem ouer gekraazt a mam kap gereselt, vei van en e beisen draam verjée vellt. «Nèèn,» soot en zum vaier gedreit, «vèl sin ech duurch t gannzt lieve komm ouni gollt an aaver frou an zefride geviesht an ech sol mer elo mat diir flèicht de rèsht fu menge joore ferdierven ! Nèè, gollt, ech vel dech net .»

En haat t vierder net zerguzt èus dem mon, du hu sech dei gele vaale sho gedukt a si sin zesumegekroch an zesumegefall evei dèèch, dien zefil op voor. Eng halef shton derno voor de vaier roseldrechen. Daat haat sech de shmat nuu vuel net ervaart, ma e voor dach am fong frou, dat et esou gaangen as

an dat e shtaark blive voor.» En huet der genuch opreish a bènzech gemaacht,» soot en zu sech baim fortgoen,» da mus dach èè fershtènech blaiven.»

De shmat huet sèin erliefnes natiirlech alt emool erzielt. Dei èng hun e ferdomt, dei aaner hun em rècht gin, an nach aaner vosten net, vaat se derzou sollte soen. Fun do un koum de golltvaier an de fergies, an t vèès emool kèè mei haut, vou e louch. Et as och gut esou, sos genge sech der nach secher t bèè shtompech laafe, fiir ze kuken, op en net mei zum fiirshèi keim.

J. P. BRAUN.

**Shtaaterbesuch um Bauerenhaf.**

Mengem pap sèi pap voor bauer ; ech erenere mech nach, dat ech als beifchen e puer mool mat menger mam ooder mengem pap am groussen zuch hie besiche gefuer sin. Ech voor alkeier am siiventen himel, van ech am blosaamete kostüm mat déém brééde vèisse matrousekol am vagong souz an t nues vider t rèut dreke konnt, bis mèi pap mech mam ouer gezun a gesoot huet : «Nujé, elo as et dées genoch !» Da souz ech fenef minute maischeshtel nievent him an hun zuer fenster èus gedrèèmt, bis en hèus, e baam ooder èng telefoonsshtaang mèi fiirvez geshtepelt huet. Esulaang mer gefuer sin, goung et mer ni seier genoch ; soubaal mer oover ukomm vooren, hèt ech krèishekenen, dat t rèès nemen èng halef shton gedauert haat.

Mèi grouspap shtong alkeier um pèrong frum shtaziounsgebai op ons ze vaarden. Mat beiden hèn, a si voore grous a shtaark, huet hie mech liicht evei èng plaum èus dem kupé erèusgehueven an zwèèmool haart op al baak gekest, dat sèi shtrupeje baart mech uerdeklech gekraazt huet an ech èènzok de kap hanerzech gevorf hun. Mèi pap soot dan emer : «Kest mer dach déém jong seng faarf net evèch !» De gannze vé duurch t duerf huet mèi grouspap mech um aarm gedroen. Ech hu mech dermat ameseiert, him seng heich shwaarz saide kaap, vei se déémools mout voor, vuel honert mool oofzedin an och nèès honert mool erem opzesèzen ooder em dei laang blo ship aus tiertech, vei se déémools nach fil gedroe gouf, iver de kap ze zeien a «gukuk» mat him ze shpilen. De guden aale mann huet sech ales gier gefaale geloost a mer gedelech op dei

honerterlè froe geèntfert, dei ech him an der minut geshtallt hun. Va mer oover bis baal frun t hèus koumen, huet e mech nidergesaat a gesoot : «Nu laaf emool kuken, vaat t grousi fiir dech huet !» Daat hun ech mer ni zwèèmool soe geloost a si vi e vieder em t hèus erem an duurch e klènge gaart op t henesht diir lasgevesht, duurch dei èè gaangs an t kiche koum.

An do shtong se jo och shons, t grousi, an haat t èèrm eropgeshtrept an e groust vèist shiertech em, vèl se haat aisekuche gebaak. Ech hun er seier èng béés gin a froot an èngems : «Grousi, vou sin t aisekuchen ?» Dan huet se mam kap hin an hier gevengkt, mech mat der hannt gehol a gesoot : «Ech vèès fun nèisht !» «Dach, dach, grousi !» hun ech, shons e beschen onggedelech, mech geviert an hu mat de feis getrepelt, «ech richen et. Se sin an der shtuf.» Domat hun ech t grousi mat hiirem vèisse shiertech ervesht an haneru mer nogezun. «Du klènge shnèèkert.» huet se gelaacht an t diir fun der shtuf vèit opgemaat. Mat èngem saaz voor ech baim grousse brééden desh. Do loughen, op zwou hiertercher heich opgekeipt, esou fil aisekuchen, dat ech net driver evèchgesin hun. «Ies, mèi jengelchen !» soot t grousi, an ech mèngen esou, ech hun derbèi gemaat.

Ech voor nach kèng shton am haus, dan huet de fiirvez mer alt nèès kèng rou geloost, an ech hun al keier èng grentlech inspèksioun fum gannze gebai fiirgehol. Mam shpèicher gouf ugefaang. Do loughen op èngem koup èng onmas grous a klèng zigaarekeshten ; mèi grouspap voor e shtaarken dèmpert an huet ni èng shlècht zort geraacht. Eng kesht no der aaner gouf opgemaat, an dei mat èngem indiaanerkap hun ech matgehol. Zenter dat ech emool èng keier fun den indiaanern a fum marterpoul shwèze geheiert, haat ech frun nèisht mei respèkt vei frun esou èngem roude kap mat dé file vèisse fiedere ronderem, déém shwaarzen hoor, dé goldene reng an den oueren an dèèr laanger, laangecher pèif am mon. Nom shpèicher koum t rompelkumer un t rai, vou menger grousi hier «muni», èng prèchtech anggoorakaaz, mat hiire jongen an ènger grousser kuurbel getommpt huet. Ech hun dei klèng dan der rai no erèusgehol an èng kèzchen op dei aaner gesaat, bis dei aal ugefaang huet ze gromelen an ze shpèizen ooder dèèr jonger kaazen èng mer

èng dichtech shreip iver t hannt gekraazt. Dan hun ech s aleguert baim vekel gehol, an t kuerbel gevorf a mech èèriicht èus dem shteps gemaat.

Dat nèkst inspèksiounsgebit voor de kèler ; do hun ech mech oover net gesaumt, vèl et voor dèishter dran, an ech hu gefaart, ech keim net mei erèus. Do voor de shtall dach fil mei interessannt ; hai stongen zwèè pèèrt an drèi kei, dei ech mam num kannt hun, an dei mer den huever ooder de grumt èus der hannt gefries, vouriver ech net e beschen houfrech voor a vaat ech al mennsh ferzielen hu missen. Eng gèlecht oover haat ech, van ech t henger èus dem gaart t lééder op hiire juk an e puer minuten derno nèès erèusjée konnt. Ech koum mer da fiir vei e jenerool, déén èng faintlech armé èus dem fèllt geshloen haat. Eèn daach oover voor et u miir, fiir sech hallz iver kop durch t pèif ze maan. T henger haat ech gleklech èus dem juk gedèmmpt, nemen den hun as nach am shtall doremer gejapelt, an ech, vei bènnzech, em no. Op èèmool, ech vèès net graat, vei et koum, as die gehèzte beisht an t luucht geflun a miir dirèkt op de kap. Fun angsht hun ech fierchterlech krèèsh gedun, dat t lait fun ale sèiten erbèigelaaf koumen a meng grousi al mei fun der vèllt haat, fiir mech ze berouejen. Nach am shloof huet die shrèklechen hun mech ferfolecht. Fun déém daach un hun ech emer e vaiden emvé em den hengerjuk gemaat, soubaal den hun op der lééder shtoung, an ech voor evei erleist, vei mèi pap an ech nèès am zuch souzen an et gehèèsht huet : «Miir fueren hèèm bai t mam.»

**SIGGY fu Lezebuurch.**

## De Paash fum Jhang de Blanen.

Em dei zèit souz den aale kinek fu Beimen a senger shtollzer residènnz zou Praach an huet sech èusgerout ... Sèi klènge paash, den Oto, huet em zum zèitferdraif èus der «Geldener Lejènnt» fiirgeliest. Troz der vèècher kanershtem fum klèngen Oto an de vonerleche geshichten, dei an déém hèlje buch shtin, voor de kinek laang net gut opgeluecht. Op den aarm fu senger grousser rèicher footèl geshtèipt, de mèchteje kap deif an t hannt fergrueven, huet e gedrèèmt a getiirmt.

Van hie sèlver och eleisht an de fofzejer voor, dan haat hien oover dach shons a sengem lieven alerlè gesin a geheiert.

Mat 14 joor haat e sech a sech èng fra gehol, mat 15 vaar e kinek fu Beime gin. Den heijen aadel haat him mat der kroun fu Beimen och t hannt fun der prinzèssin Elisabèt, duechter fun dem fershtuervene kinek Vènzel III ugebueden, vèl de groof Jhang fu Lezebuurch voor de sonn fum mèchtege kèèser fum Dèitshe Rèich, fum Haari VII. Dei saach dei huet sech oover net esou ouni vaideres geshosselt, vèl kroun a brèut huet de jonge lezebuurger hèllt ereisht mat gevallt dem Haari fu Kèrnten, dien hannt drop geluecht, oofjoe missen. 1311 gouf de Jhang fu Lezebuurch zum kinek fu Beime gekreint, am fritleche besez fu senger èusgezèèchneter fra a senge rèiche shtaaten haat en oover dach kèng rou. Daaper, shaarf an alèèrt vei sèi shwiert, huet e shtènech neme fiir krich, turneieren a juecht geshwèèrmt ; sèi gannzt lieve laang huet e sech zerbalecht mat den Ongern, Eistrèicher, Italjeiner, Poolen an de beimeshe barongen, dei sech geint hie revolteiert haaten. E grousse krichert, e gerivene politiker, voor en emer mèèshter bliven an daat lèsht vuurt huet hie gesoot, sief et dat seng grous muecht, sief et dat seng luussechkèèt him t iverhannt fershaaft, seng fainden hun en net e besse gefaart, mè net maner seng enerdengech an esou guer seng èèje familjen. Iverhaapt voor hie kèè kamouten hèèr als rivaal, prennz ooder pap. Vei en zu Mileref a Baieren den Haari an de Friderech fun Eistrèich gefaangen haat, du huet hien alebeite seier haart fridensbedengonge geshtallt ; mèèshter zu Mèèren, daat rebèleiert haat, huet hien èng gannz parti aadlejer kèpen an hiir shlèsser niderbrène geloost ; zu guderlèsht huet hien esouguer der kinegin, senger èèjener fra, a sengem èèjene sonn, dem krounprennz Shaarel, net mei getraut. Du huet e seng onggleklech fra gezwongen, sech an èng uertshaaft zrekzezeien, vou hiir daks daat neidechst geféélt huet ; sèi sonn Shaarel oover gouf an den dukes geshtach, vou hien zwei meint bai vaasser a brout souz an t daachliicht net ze gesi kruut. Bis elo haat de kinek Jhang nemen de shpot mat senge fainde gemaat, et voor kèèn do, déén him gefeierlech hèt kene gin. Op frenntshaaften huet hien och net apsennz fil gehaal. «Vaat lèit miir u falshe fren !» soot en an huet derbèi mat der fèusht op sèi gevaltech shwiert geklapt, «daat hai elèng ferséét mer ni, a fiir dei aaner rapen ech mer kèè bèèn èus.» Shtollz op seng kraaft huet hie sech och nemen

op sii ferloost an dem Poopst an dem Kèèser, dem dout an dem dèivel getrozt.

Op èèmool gouf e blan. T aaliicht ze ferleiren as shons en haarde shlaach fiir e mennsh mat vèèchem gemit, den zoushtannt an t gefil fun eivejer oofhèngechkèèt fun aaneren as sho fiir e mann mat himelsgedollt onèntlech beshweierlech. Do kan èè sech dèngken, vatfiir èng viirkong daat groust ongglek mat sengen aan op en onzougènglechen tokskap haat, frun déém sengen afèl al aaner sech hu buushte missen. En èènzeje blek fun him huet munchem shons doudsangsht agejoot ; seng hannt huet ales gediebelt a gebrach, vaat sech him vidersaat. An elo huet hien an eivejer nuecht missen doremer taashte goon, fiir sèi vé ze fanen ; elo voor hien e shpilgezai fiir t èusgeloossenhèèt fun déén èngen, e shpotbillt fiir den haas fun déén aaner, e kannt hèt e mat liichtechkèèt emgehèit. Vei t èèch, dei fum blez an t hèèrz getraf gouf, nach do shtèèt an net faale velt, huet de kinek Jhang sech och ferzwaivelt geviert an dem shtuurm de kap gehaal, fiir dat déém seng kraaft en net èus de vuurzele rèisse sollt. Eng liiga huet sech du geint en zesumefonnt, dei shtèèrkst an dei gefeierlechst, dei seng fainde bis elo op t bèè bruecht haaten. De kinek Jhang aaver huet t shelere gezun a gelaacht. «Emsou besser ! Vaat mer mei fainden um dil fanen, vaat mer der och mei fermivele kenen.» An nèès èng keier huet se éékelech klèp krit an de kinek Kaasimiir fu Poolen huet mat senge lait misse lupe bis hèèm frun t mauere fu senger haapshtaat Krakau. Du kruut en èntelech nèès mut an huet de kinek Jhang duurch en hérollt faierlech op den duèl erèus gefuerdert ; den aalen hèllt huet èènzok ugehol enert dem bedeng, dat de kinek Kaasimiir sech dei zwèè aan èusshtieche geif loossen, fiir dat t èussiichten op erfolech op beide sèite glèich shteingen. Mè seng èèje senn, de Shaarel an de Jhang, konnt en net zwangen, de ferdraach, déén en zou Treier mat dem kèèser enerzèèchent, èuszefeieren a fiir t eisht mool as e sech richtech bevost gin, vei shwaach e viir. Zefil shtollz fiir èpes derfu mierken ze loossen, huet e sech de shèi gin, evei van e gutvelech nogeif an huet gesicht, de Poopst derzou ze brengen, de Shaarel zum kinek fun de Reimer ze kreinen. Duurno huet e sech dan a sèi palè no Praach zrekgezun, vou en, zesoen elèng an derbèi an eivejer nuecht, sengem

klènge paash Oto gannz zershtrèèt nogelèushtert, dien him daks èus der «Geldener Léjènnt» fiirgeliest huet.

Den Oto voor e vèèsekannt, daat de kinek Jhang èèn daach, dat seng lait nèès èng shtaat èusgeraibert haaten, enerm mantel mat hèèmbruecht ; en as am kinek sengem shiet, teshent sengem honnt a sengem juechtfalek opgevues. Mei vei èèmool haat dem aalen hèllt seng rèu krichshannt, va se den honnt hèèmele vollt, de kap fum kannt begeint ; haiandsdo huet en och alt dien èè fiir den aaneren ugerannzt ...... Mè kèe fu beiden huet him es duerfiir vollt ooder èpes nogedroon, vèl se hun zu dééne viese geheiert, dei neme fiir t leift gemaat sin.

Den Oto haat de vele mèèshter gier, dé sech senger erbaarmt an ugehol. Hien huet dem kinek seng gut èèjenshaafte richtech bevonert - a seng fééler baal graat esou fil. Daat majesteitesht èussin fu sengem mèchtejen hèèr, seng daaperkèèt, sèi séélent laachen a sèin hèèfecht roosen, sèin iverléene rouejen tounfall èngersèits, seng frèèshlech donershtem aanersèits, souguer seng brutaliteiten an onggerèchtechkèète voore fiir de klèngen Oto èpes himleshes ; a senger naiiviteit huet hie sèin hèèr iver al aaner mennshe geshtallt, graat vel hie sech esou deif enert him shtoe gefilt huet.

Elen, shai a fèèrterech, graat de geijendèèl fu sengem shrèklech gefaarten hèèr, voor de klènge paash Oto. «Graat gut fiir e paaf drèus ze maan !» haat de kinek ferèchtlech gesoot, an de paash dem hèuskaploon fun der kinegin ivergin, fiir dat e bai déém latèi shwèzen an aal hanntshrefte liese leiere sollt ; an zenterhier haat hie sech maner em t kannt gekemert vei em sèin traie Poluks, dien him dach veinechstens op t juecht huet dèèrfen nokomen.

Evèl ievel huet de kinek Jhang aanesht geduecht. Seng aan, dei fiir t sheinhèète fun deser vèllt zou vooren, haate sech fiir saachen a visiounen èus der aaner vèllt opgedun. Mat grousser pleseier huet en der kristalkloorer shtem fum vèèsekannt nogelèushtert, bis et lues a lues seng dripseilech gedangken ageshleifert ; gier huet e sech op seng sheler geshtèipt, van en an ènger houssecht duurch dei aidel sèl hin an hier getrepelt as. Munechmool, van t kannt him zu feis souz, huet de kinek, gannz a gedangken, mat de blonde krausele fu sengem paash geshpillt. An èèn daach froot e mat ènger shtem, dei

gannz droolech geklongen an èus dèèr dausent zwaivele gezidert : «Hèèr, ech hun iech esou gier vi den Hèrgot am himel.»

Du gouf dem kinek seng shtiir, an dei alerlè suerjen dausent rompele gezèèchent, erem glaat a shtollz, graat vi van hien èng grous shluecht gevonn hèt.

Em dei zèit huet et an ale shlèsser an haipe fun halef Europa gehèèsht, t Englèner geife sech fiirberèèden op de krich mat dem kinek fu Frangkreich, Filip VI fu Valois. Hie voor de frennt fum kinek Jhang fu Beimen. A sèi sonn, den Dauphin Jean le Bon, haat esouguer t duechter fum kinek Jhang - se huet Guta (Bonne) gehèèsht - mat groussem opvannt a file faierlechkèète beshtuet. Dei zwèè hardi kumpaane voore vei gemaat, fiir sech ze fershtoon. A van en och shtakblan voor, de lezebuurjer shweierpap koum dach sengem éédem zu helef an zuglèich dem franseishe shweierpap fu senger èèjener duechter, sengem gude frennt Filip. Eènzok huet en dem kinek fun de Reimer, dem Shaarel fu Beimen a Lezebuurch, sengem sonn, uerder gin, sech an 48 shtonen mat senger gannzer krichsmuecht bai him anzefanen.

De klèngen Oto haat gebiet a gebiedelt, de kinek Jhang sol en dach mathuelen ; déén oover vollt nèisht dofu vessen, vèl hie voor der méénongk, den Oto vèèr kierperlech net shtaark genuch, fiir an der shluecht shtrèèch èuszedèèlen a klèp fu rèchts a fu lengks èuszehaalen.

«A vaat geifs duu an déém travollt maan ? Duu, déén net emool e shwiert blengke ka gesin, ouni ze zideren a fortzelaafen !» huet de kinek Jhang gutmidech de gèk mat em gemaat ; sou shwèzt e grouspap mat sengem kanskannt, daat him un t hèèrz gevues as.

- Oo, diir sèlver, hèèr kinek, a vaat maat diir ouni èèr aen meten enert zengdausent lannzen ?»

- Ech fache blanemènches dran evei zou Krakau, a van ech och dei ferflucht Englèner net gesin, da sole se dach meng shtrèèch fershpiiren.

- A van der fervont git ...... deidlech flèicht ?

- Mèi jong, daat as jo graat den dout, déén ech mer emer gevennsht hun. Da séés de alt e klèngt gebiet fiir meng aarm seil.

- O hèèr kinek, ech iverlieven iech net !

De kinek Jhang huet de kap gereselt. Him voor et vuel net mei meijlech, de mennshen t falshhèèt fum gesiicht oofzeliesen, mè vei e gannz duus vei zum trousht de jengelchen an de baak gepezt huet, hai voor die jo naas fun treinen. Du koum de kinek zuur asiicht, dat veinechstens èè mennsh op deser vèllt him geintiver opriichtech viir. Eier hien duerfiir an de suedel geklomen a fortgeriden as, huet de kinek Jhang sèi klènge frennt dem hèuskaploon fum palè zou Praach gannz vaarm emfuel an him e kineklecht geshèngk an èussiicht geshtallt fiir den daach, vou den Oto t tonsuur krich. Duerno as e mat fil mei liichtem hèèrz an de krich gezun.

Glèich no der eishter shtrapecht huet de kinek Jhang oover shons gemierkt, vaat him u sengem klènge paash fééle geif. Délikaat a geshekerlech vei e fai gebilt framennsh, haat den Oto et erèus, sengem hèèr sèi velen z errooden an him al vonnsh z erfelen, eier hien en emool haart gesoot ; hien huet en op aaner gedangke bruecht, van en do souz ze bruken an ze tiirmen. Jo, am geshpreich mat dem jengelchen hèt de kinek Jhang baal fergiest, dat e blan voor, van net al amènnt èpes aaneshtes hien drun erenert an him sèin traurejen zoushtannt duebel bater ze file gedun hèt.

Kèè voner, dat de kinek sech alt nèès hirèisse geloost an dat e geflucht a geviedert huet iver sèin aale shtallmèèshter, die vuel dengshtèifrech an trai voor, oover et net u geshekerlechkèèt mat dem klèngen Oto ophuele konnt. De braave mann kruut èng shtroofpriedecht ze heieren, dat t hoor em bai déém geroos zou bierch shtoungen ; oover gevierkt huet se grentelech a seier, vèl de kinek huet gemierkt, dat fun dèèr shton un ales fil bèsser goung : sèi gezai louch nèès an der uerdnong do, un dei hien zenter laang gevinnt voor, shtaaf a shwiert koumen him vei fum sèlven an t hannt geflun, sèi glaas voor emer gefelt, sèi brout emer geshniden, ouni dat hien derno ze froe gebrèucht hèt, an èngem vuurt, et hèt èè kene mèngen, e vèèr nèès am palè zou Praach.

Mè doofiir voor den aalen hèllt nach net bèsser opgeluecht ; et vooren net nemen hanntkèsselchesdengshter, dei hie fermest huet.

Van en am deiven oovesfriden un der shpezt fu sengem trup duurch t besher an iver t fèlder geriden as, dan huet en

daks t giten ,hèngke geloost a seng heich a bréét shtiir huet sech shweier an nodèngklech op seng brosht gesèngkt. Da si seng gedangke vèit fort geflun : Net an dei grous besher, dei fu vellt gevimelt hun, a vou hien esou gier hirshen a velshwèi gejoot huet ; net op t shluechtfèlder, vou hien dei aaner zou kaabes a mous zesumegehaan, net an t buurje, shtiet a fèstongen, dei hie mat shtuurm eruvert - mè an de kinekssall am palè zou Praach, vou de klènge paash Oto him èus der «Geldener Léjènnt» fiirgeliest huet ...... An daat, vaat him dobai an den ouere geklengkt, voor net den aiseshret fu senge shweiergepanzerte krichslait ooder unenèèshtousse fun hiire lannze, shwierter a shellter, et voor fu vèit, vèit evèch de viderhal fun ènger duusser shtem, dei traihierzech gesoot : «O hèèr, ech hun iech esou gier vei de leiven Hèrgot am himel !»

An de mann fu shtool an aisen gouf opèèmool gannz vèèch. An der dèishterecht haat en t leift liichte gesin.

«Montjoye ! Saint-Denis !»

T shluecht fu Crécy as am gaang zenter der fèspershton fum 26. August 1346. De Jhang fu Lezebuurch, den daapere kinek fu Beimen, as och do, gannz a shtool an aise geklèèt. Em hien haalen am emkrèès seng reter, Lezebuurjer, Beimen an Dèitsher. E frèèt se, vei et mat der shluecht shteing. «Esou an esou», kruut hie geèntfert. «Eishtens sin t Jénuéésen mat hiire fitshebein gannz doruechter, ales gèèt drener an driver. De kinek fu Frangkrèich huet an ènger rooserai uerder gin, dei fèèrterten aleguer dout ze shloon. An et as teshent onse lait an hinen esou e gevuls, dat èèn sech et kaum fiirshtèle kan ; èèn henert den aaneren ; èèn trelt iver den aaner, et vèès kèè mei, vou en drun as».

«Mordjeft», séét de kinek Jhang,» daat as e shapejen ufangk fiir onns. Diir aleguert sit meng fren an trai kumpaanen. Haut bieden ech iech a fuerderen iech op, mech esou vèit an t shluecht ze feieren, dat ech mam shwiert drafaiere kan.»

An aleguert, dei bai him vooren a mat him an him zouleift fiir eier a ruum t lieven an t shannz geshloon, t beimesh an t dèitsh reter, an net zoulèsht dei 50 Lezebuurjer mam daapere Kuuno fu Buurshent un der shpezt, sii banen èènzok t gite fun de pèèrt zesumen a shtiirmen op t Engelèner las, de kinek Jhang an der met. Die vèrft sèi shwiert gannz heich

an t luucht an helt zuglèich èus, fiir blanemènches dran ze fachen ; opèèmool fermèngt hien, èng shtem ze heieren, èng shtem, dei duus as vei dei fun èngem èngel, an dei him zourift : «Rèchts, lengks, riichtèus !»

An de blanen hèllt, die vuel voust, vei heich t kinekrèich mam liljevoopen am hèljen èèrzèngel Mishèl senger gonnsht shteing, huet gemèngt, e voner vèèr geshit, de grousse krichsèngel fun aiser Hèrgot vèèr èksprès èus dem Paradèis eroofkomm, fer him sèin aarm a seng mèchtech vaf ze lééden an ze feieren.

T shluecht voor ferluer fiir t Fransousen. T nuecht haat hiire mantel vèit iver t héét fu Crécy èusgebrèèt, vei de kinek Jhang opèèmool nèès zou sech koum an no rèchts an no lengks gelèushtert huet. Oover hie gesouch net de grousse koup doudejer, dei vei èng mauer rondem hie loughen, an op dei de mount sèi blèèche liichteshèi gevorf. Do voor fun al sengen daapere reter net èè mei um lieven, duurchernèè loughe se do mat doudeje pèèrt, dei nach emer mat de giten zesumegebone vooren.

«Baim roude leif fu Lezebuurch, mer hu proper aarbecht gemaacht», rachelt de blanen hèllt an taasht ronderem sech souvèit t èèrem rèèchen ...... al meng vennsh vèèren erfelt, van .........

- «O leiver Got, hèèr kinek, sit diir nach um lieven ?»
Eng trein brènt op dem blanen hèllt, déén um fershééden as, senger bludejer shtiir, dei e fierchterleche shwiertshtrèèch fun ene bis ueven geshplekt ; saide krauselen hèèmelen him gannz siicht dei blèèch baaken, dei sho baal èiskaal sin.
E lèshten hauch : «Oto, mèi klèngen, vaat mechs duu dan hai ?»

Eng vèèch shtem èntfert lues : «Sieft net beis, leiven hèèr, dat ech geingt iere velen nokomm sin ! Mè ouni iech konnt ech net lieven !»

Dem kinek liichten treinen an de ferglaasten aan ; en zefridenen zuch shpilt em seng blo lepsen, e shtraal fun himelsleift erviermt em t hierz, daat um briechen as, èng lèsht keier pespert hien dangkbaar den num fum kannt - da shtrèkt e sech op t bludech hèèt a get seng hèldeseil op.

De klènge paash drekt him t aan zou, sezt sech mat filer mei - och hie voor shweier fervont - nievent den doudejen op

t kneien a biet andèchtech en Ave Maria fiir seng seilerou ; baim lèshte vuurt oover brecht en zesumen a fèlt dout sengem hèèr a kinek zu feis.

(Iversaat èus der zèitshreft La Mode illustrée, 1906.)

«Le Page du Roi de Bohême» par H. A. Dourliac.

(Numéro 19 du supplément littéraire.)

## Kaner, plannzt Bèèm !

Et sin elo zwèè joer, duu haaten dei èus dem Lanntvuel doueven am Eisslek, zu Kliere, èngt apaart sheint fèst opgeriicht. An de lèshten numero fun alem, vaat do gemaacht gouf, daat vaar e baamsondech fiir t shoulkaner. Jider shoul huet e baam geplannzt, an t musek huet derzou geshpillt, an et gouf zokerbounen an nikloosmènercher - oo, et vaar fain a pleseierlech. Dei bèèm, dei sin elo ugaangen, a van t kaner derlaast gin, dan dèngke si nach gèèren a frou un die kuurzen novemberdaach, vou sii di hèèpst am uert vaaren, sii an hiir bèèm.

Solen di aaner kaner am lannt daat dan net och emool probeieren ? Eng duerefshoul dèèt sech zesume mam léérer ooder mat der léérerin, vei et sech fent, se sichen èng plaaz am dueref erèus, an da shraive se dem hèèr Oberförster fun hiirem beziirk, hie sol hinen e baam sheken. Daat dèèt die gannz gèèren, an et kasht nèisht. An dèèr zèit huet de kantonjé t kaul gegrueven.

An dann op e guden daach, et mus natiirlech am hiersht ooder am alereishte freijoor sin, da gèèt t gannz shoul mat ale laiden èus dem dueref, dei matmaache velen, mam baam bai t kaul. Do hèlt de léérer ooder de gèèshtlechen, ooder sos emesht, flèicht èè fum Lanntvuel, dien derbèi geruf gouf, èng ushprooch, fiir ze vaisen, vei faierlech dien ablek as. Da plannzt de léérer mam kantonjé de baam, an t kaner shti ronderem, se sangen e passent baamlit.

Dien eishten èus der ieveshter klas an och daat méétche, daat am bèshte geleiert huet am joer, si pèter a giedel genannt gin, sii haale mat traier hannt de baam un, bis e gut shtèèt. Duerno kenen dei zwèè den aanere kaner e beschen zoker èusdèèle vei bai èngem kanntdaaf.

Esou e klèngt leift fèst huet sèin deive fong. Et get do

èpes geshteft, vaat joerhonerten dauere kan, die baam shtèèt nach do, va se al ener dem vues laien, dei baim plannzen derbèi vaaren. Epes opriichte fiir dei fèèrenst zèit, daat as emer èng èèsht saach, an daat viirkt och op t kanerhierzer, dei jo sos mei op frèèt a losht èussin a mèèshtens an den daach era lieven. Et sol èèn aaver net fergiessen, das och daat jengst hierz sho seng deiver rééjonge kan hun, an dat an dem kanerechste kap emool mei deif gedangken opkomen. - Die baam as e metel derzou.

A vaat fiir e baam sole mer dan erèussichen a beshtèlen ? Ech geif iech do roode, kèèn uepstbaam ze huelen, dei kenen am gaart an am bongert shtoen ; aaver huelt e shietbaam, dei gin och mei aal. Eng lan ooder e kèshtebaam, daat vèèren di bèsht. A glèèft net, die baam geif net besuercht gin, van e bis èèmool geplannzt vèèr, de jongktem geif e ploen a meshandelen a flèicht ferdilejen am ivermut. Ech fierchten daat glaat net. Die baam geheiert der jonger zort, en as hiiren éjentom, a vaat mèint as, daat get fersuercht. T erenerong un daat fèst fum plannzen vèèrt och secher maachen, dat en am respèkt blaift.

Shpeider ferzielen dann dei aal dééne jongen, dei net derbèi vooren, vaat daat fiir èng heich saach as mat dem baam, an de respèkt gèèt fiiru fun èngem shtak op den aaneren. A van emool de pèter an t giedel och aal sin, da soe se hiiren hèus-kaner esou alerlè fum baam, dien èng fèst plaaz an hiirem hierz behaalen huet, an enert die se esou gèère rashte gin, elo vou en esou grous as an esou prèchteje shiet get.

Kaner, plannzt bèèm ! Daat get èng saach, dei iech e lieve laang pleseier mecht, a se kasht jo vaider nèisht evei e gude velen an e faierlechen amüsannten nometech baim plannzfèst.

Eèren aale frennt

**E. J. KLEIN.**

## Vei t Eissleker Lait am XVIII. an am XIX. Joorhonert gelieft hun.

Mat der entvekelongk fun der tèchnik am zèitalter fun de **mashinen an** der élèktriziteit as, vei èus dem lieve fu jitfer folek, sou och fun den eissleker lait e groussen dèèl fu romantik fer-shwonen. T zich, dei mat der shnèlechkèèt fum blez iver t shine

roosen, t automobilen, dei iver dei vèis a shtepsech lanntshtroosse rènen, ferdraive mat hiirem tapaash dei hèèmelech natuur- a folekspoési, vei sos de klangk fun de klaken dei hierzech viichtelcher ferjoot huet.

T naierechte fun onsem joorhonert hun esou am hierz fun de familje vuurzel geshloen, dat, va miir dei laang vanterooventer em de gude vaarmen ueve sezen a baim daachhèle shèin fun dem elèktreshe geliichts t krichsnaiechkèète liesen, et shweier fèlt, sech ons aanen baim flakerechen, roushteche kielershpoun ze dèngken, vei se mat gemiterlechem shproochen dei laang uucht ferbruecht hun.

Fiir faier a luucht ze shpuure sin t lait fun e puur haiser matenaaner déén oovent an det, déén aaneren oovent an daat hèus uuchte gaangen. T faier voor an der kichen an driver houngen t kachdepen um heil, déén am kamèin ugemaat voor. Fiir dem faier mei gedrif ze gin, goufen t shteker hollz op branntrute geluecht. Huet ooves t lompeklak gelèut, da goufen dei glidech kuele mat èshen zougedèkt, an t lait si shloofe gaangen. Voor dan emool muerges t faier èus, da gouf es baim noper geleint. Hanert dem faier shtounge grous gossen taaken, vou voopen an esouguer etimoloojesh figuuren drop vooren. Sii vooren de fong fum taakeshaaf an der shtuf an hun derzou gedengt, t hollz ze drechnen an an èngems mat der kichen och t shtuf ze hezen, vèl t flaame fum hèèrt sin dirèkt vider t taake geshloon. T shtuf konnt oover och mat ueve gehezt gin, dèi èus èngem shtek gegos vooren an drèi shtèmpelen haaten. Et vooren ainfach grous depen, voueran trufe gebrannt goufen. Dei trufe goufe fu gebrèuchter lou èus dée seleche laaraien a forme getrepelt an an èèjenen trufenhaisercher drechne geloost.

An déénen deken haiser shtounge shein èèchen, daks gannz konnshtgerècht mivel ; t tèleren an t lèfelen (forshèten haaten t lait nach kèng) vooren èus puurem zenn. Sos oover vooren t mivel zimlech ainfach. Et shtoung do e beshloene shrèin fiir t klèèder dran ze fersuerjen, t sidel, t mul, t hanntvierkssaache fum hèuspap, t shpaneraat an daat aanert vieveraigeshiir. Gitfer hèus huet de greisten dèèl fun de velen- a lengeshtefter sèlver gemaacht èus flues a vol, dei gezillt ooder op de grousse mèèrt kaaft goufen. E fierver, dien al joor passeiert as, gouf de fèèrdeje shtefter dei neidech faarf. - T sidel, èng

grous helze bèngk shtung fiirum faier a voor fiir den hèuspap réserveiert. Se haat èng grous haal an t voor plaaz drop fiir drèi ooder feier perssounen. Sos voor kèè shtul an der kichen, an t aarbechter an t kniecht hu sech op t shtèng em t faier gesaat. Da gouf geshwaat, vei et mam soom shteng, vaat am daach geshaft gouf, ooder vaat nach um fèllt ze maache voor. An dan am deive vanter, van daat ofent faier geshpènsteresh siluèten un t mauere gemoolt huet, sin dei aal soe fum shemelraider ferzielt gin, déén ales an der emgeijent zum onvé gemaat huet, an déém einshter en aale lengeviever, dén sech fershpeit haat, an der Heicht*) begeint voor. T lait hun dei fallsh trèuliichter gefaart, dei an der nuecht iver t supen hin an hier dannzen, an net maner den onglekleche Jaasmènchen, déén èus dem buedem gollt gegrueven haat an do op dem Shtékèmchen eremkent. Huet de vannt dan t fenstere rabele gedoon, ooder huet t kou am shtall un der kète gereselt, dan hu se sech fèèrterech zesumegedukelt, an esouguer dei shtèèrkst kruuten èng hengerhèut.

T haiser voore mèèshtens klèng, niderech a mat shtrei gedèkt. Enenaan voor aplaaz en dile buedem en èsterech. Duurech dei klèng rèuten, dei a blèi ashtongen, koum t son neme gannz shpuersaam eraan. T mauere vooren net gevèist, tapesseraien a ridoe vooren onbekannt.

An oover voor den aalen Eissleker frou dohéém an huet mat senger bekannter konssèrvatiiver leift un déém gehaangen, vaat e fu sengem pap geierft haat. Dei leift mecht en haaptzuch fu sengem karakter èus.

E. DIDERRICH.

### Trauerriet mat Musek op den Dout fun ènger Kaaz.

Meng èènzech trousht op deser vèllt, daat voor èng kaaz, an nuun as s och dout !

Minus huet se gehèèsh. Ech haat si krit fun daat pashtoueshkèchen, vei si nach net elèng konnt goen. Ech haat s operzillt, vei van et èng kannt fu miir vèèr. Op ales hun ech hiir de vele gedoen.

*)Heicht a Shtékèmche sin zwèè bierchreker em Vollz ; déén èè lèit geint de süüde fu Vollz, déén aanere geint de praiseshe vannt.

T voor daat sheinste kaaz èus dei Grand-duché. Se haat hoer op dei pèllz esou rèng evi sait, an esou èng shi klèng moustache. Vaat voor si aartelech, van se mat daat klènge langue de melech huet gelèkt, ooder, van si mat daat klèng paten dei meke fèngke vollt. An da voor se sou geshait, si haat mei vi mennshfershtannt. T huet hiir vaider nèisht geféél, vi das si hèt kennt shwèz.

An da voor si sou trai. De gannz vanter elo voor si rouech an hiir kautsh haner dei ueven an huet geshponen, fiir miir compagnie ze haalen.

O nèèn, daat voor kèng kaaz fiir mais ze fèngk.

O diir jong kaazen ! - Zenter èng klèng zèit voor Minus gannz mélancolique gin. De gannzen daach miau, miau huet gemaach. Ech vost net fiir vaat. E guden oovent, das ech vollt goen vaasser huelen, maach si sech fort zuur diir èus, lèèft ventre à terre daat shpèichertraap erop, an eichter ech konnt èpes soen, voor si shon um daach an di kulang. «Minus», rufen ech, «vaat sin daat fiir maneier, kom si glèich erem, t geshit diir nach en ongelek». O sainte Bonaventure, kaum haat ech daat gesoot, du koum fun al sèit e puer kaaz erbèi. Si rènt duer op meng aarem Minus, mat abonimaable gejèiz. Elo gin der kaaz t hoer èus, hun ech geduecht. Si huelen si mat der an elai gong dei bataille un. Putshi, huet gemaach, no, no, s as komm, no, putshi, putshi, no ! Vier dech, Minus, hun ech geruf, elo laafen ech t polis sichen. Mei dout evei lievech rènen ech traap eroof, mè vei ech den eishte foustret an t gaas dun, grand Dieu, elai fèlt Minus fun daat daach eroof op de pavei, a vei ech daat gesin, faalen ech shwaach op t Minus.

Ech vèès net, vei laang ech op daat Minus geléen hun. T voor kèèn nuetsviechter dohier. Vei ech erem zou mer si komm, voor daat aaremt Minus gannz plat, an as nemen nach esou mat der pat komm.

Al kaazendokteren èus der noopershaaft hun ech erbèigeruf. Se huet blutsefer opgesaat, kataplange opgeluecht. Eng gannz aptik huet t aaremt deier missen anhuelen. T voor ales emesos ! Op al medezin gung et er neme mei shlècht. Nuecht an daach hun ech bai er gevaacht, an esou louch s èng gannz voch an de greiste pengen.

Hennt huet du èntlech t shton fun der erleisong fiir se geshloon. T haat graat 12 auer geshloon. Ech sin opgeshtaanen, fiir er tei ze gin. Hai drekt se daat lengkt a zou a se bekukt mech esou trauerech mat déém rèchten ; an duu drekt se daat rècht a zou a se bekukt mech esou daierlech mat dem lengken ; an duu drekt se t aen alebeiten zou a se bekukt mech mei mat kèngem ! «Minus,» soot ech vi ferzwaivelt, «Minus, gèès de shtierven ?» Miau, mecht se, a gouf de gèèsht op. (Se krèisht.) Vei mèi mann gotreisht geshtuerven as, daat huet mer net esou lèèt gedoen.

De gannzen daach, de gannzen daach
Meng aarem aan daat krèisht.
Ech sin fiir t ongelek gemaach,
Mei traurech voor nach nèisht.
Meng frèèt elo as al ferduerven.
Meng kaaz, meng Minus, oo !
Dei huet sech dout geshtuerven.

**DICKS.**

## De shtaiven Tais (Theis).

## ooder

## Vie Pèch huet, krit de Shpot emesos.

Eng geshichtchen èus der zèit fun der franseisher revoluzioun.

7. novèmber 1794 - 7. novèmber 1895, honert an éé joer sin et haut desen daach, zenter das dei eisht trupe fun der republikaanesher armei, nodéém as se sho meint laang fiirdru sech zèitvais an der emgeijent gevisen an de laiden et angsht gemaacht haaten, an Iechternach agebrach sin an t kloushter fun de Benediktiiner iverfall a geplenert hun. Dat t kloushter shtoe blouf an net u senge feier èken ugeshtach a gannz zershteiert gouf, dofu vaar t shpéziègl uursaach dei, dat t plenergeshèft ze laang gedauert huet an t Fransousen, vei mer elo glèich gesi vèèrden, kèng zèit mei haaten, t raaven an t niderbrènen dei eisht keier gannz èuszefeieren. Hanenno, vei se fiir t zwèèt erem si komm a shon di eisht keier gesin haaten, das t iechternacher lait sech rouech ferhaalen hun an hinen net beis vooren, si se gut geint t shtaat geshtemt gevies an hun

nèisht mei fershtiicht, vaat de bierjer hèt kene shuet ooder ongglek maachen.

Oover t kiirech fun der Aptai, t Basilika, den hèèrlechste bèu fum lannt, mat ènger geshicht fun 1100 joor, se huet glèich di eisht keier missen hier haalen an et gouf geplenert dran, vaat net ugevues vaar : t klaken èus den tiir, al gelen a selver saachen, liichteren, shtaatuen a biler, altoorsaachen a mivelen, ales vaat nemen ze brèuche voor, gouf oofgeras a vaat net matgehol konnt gin, daat gouf zershloen an zershteiert. Vaat oover den iechternacher laiden déémools am mèèshte vei gedoen huet, daat voor t zershteierongk an t profanazioun fum graaf fun hiirem hèleche Vilibrort. Seng rèshter loughe shier dausent joor an èngem kostbere shrèin an der Basilika begrueven, seng rouplaaz an der eivechkèèt, dei den hèlechen a sengem lèshte vele sèlver fiirgeshriven haat. Die shrèin gouf erèusgeras, zershloen, an t rèshter an der kiirch doremer fershprèèt. De kaploun fu Bèèrdorf, Vilibrort Meyers voor sèin nuem, dien evei al joor op den daach fu sengem patreiner no Iechternach gaange voor, fiir u sengem graaf ze bieden, koum graat un zou dèèr shton, vou de vandalissem ferbèi voor an, ouni ze fierchten, goung hien dirèkt an t Basilika, rèèft di zershtrèèt shangken fum hèlechen zesumen, helt se mat hèèm a fersuercht se gut, bis e shpeider geléenhèèt haat, der paarkirech zu Iechternach se z ivergin, vou se nach bis haut ener dem houaltoor bèigesaat sin.

An nu kome mer un ons geshichtchen.

Op al dei aarbecht an der kiirech konnten t zershteierer déén daach am kloushter net fil mei fershtiichten. Vuerop as et en am mèèshten ugoung, daat voor de kèler mat senge file fèsser gude vèin. Se hun dei al erèusgehol an se op de «Fulpert», t plaaz fiirum kloushter a fiirun der Basilika, a raien neiergeluecht an nuets vuechten derbai gesaat, fiir se den aaneren daach op gefierer ze lueden a mat fort ze huelen. Elai vaat geshouch !

Den aaneren daach koume fun der aaner sèit fun der Sauer, èus der geijent fu Beibuurch a fun Treier erop, èng zimlech grous trup fun Eistrèichern op Iechternach zou. Dei hun dei franseish fiirposten, no èngem kuurze gefècht, sho glèich iver t Sauer zrekgedriven. Vei de franseishe komedannt gemierkt

huet, dat et him net gut eroofgeing, du huet hien de komando gin, fiir Iechternach huurtech ze raumen a vèl e sengem faint de gude vèin, dé mat esou filer mei erèusgeplenert voor, net hanerloosse vollt, du koum e sèlver op de «Fulpert» an huet befuel, de fèsser t biedem èuszeshloen. E puer minuten drop lèèft den hèèrlechen drongk iver t plaaz an ergeist sech an t noopeshgaassen evei grous baachen. T biirjer, dei daat gesin haaten, koume mat èèmeren an depen an hu geshèft a gefelt esou laang as èpes gelaaf koum, vèèrent déém as t Fransouse shon om vé vooren, fiir sech duurch de Bril op den Haartbierech zrekzezeien.

E gude mann èus Ievesht Hoovelek - sèi rèchten nuem brèuche mer hai net ze nènen, mer velen e leiver Tais nènen - dé bis a sèi vèide kartjé fun vèibaachen haat shwèzen heieren, kent als e braaven aalen Iechternacher och erbèi gelaaf an en huet, mat lichen an hieven un de fèsser, nach seng zwein èèmere gefelt krit, frou evei e kinek a shtollz drop, dat hien net evei di aaner, seng shèpercher èus dem kulang geshèft haat. Als en èchten Iechternacher fun der guder iert, voor hien dien aler-lèshten, die sech ugeshekt huet, mat senger bait hèèm ze zeien. An déém momènnt oover, kent en zerjhannt mat zwei mann fun de Fransousen, dei èus der bataaljen duerch t kloushtergaarde sech zrekgezuen haaten, zuur kloushterpaart erèus, gesèit mèi guden Tais seng zwein èèmeren ophieven, gèèt op en duer a komedeiert em : «Allons, vite, citoyen, avec nous» «Vaatglift», èntfert den Tais a sèzt seng èèmeren neier. Den zèrjhannt, dé kèng zèit haat, fiir sech mam Tais vaider op iechternacher houdèitsh z èksplizeieren, séét huurtech e puer vuurt zou sengen zaldooten, fun déénen èèn sech rèchts, dien aanere lengks fum Tais opshtèlt, den zèrjhannt sèlver mam geluede gevier hanendrun a komedeiert fiir t zwèèt : «Et maintenant vite, vite, citoyen, en avant marche !» Die seng zwein èèmeren huet misse paaken an de Fransouse foljen, iver de maart, duurch Eèshtresh, de Kapèlevé, den Haartbierech èus bis an t Haart, vou de koor fun de Fransousen halt gemaach haat, daat voor onse braaven Tais. Naas evei èng zop, am shwèès dat èng dreps dei aaner geshloen, kemt en ueven un, vou em seng èèmeren oofgehol a fun den zaldooten èusgedrongkt gouven. Mat fil

mèrssien a komplemènnten gouve se him seng geshiirer zrek an hun e veshe geloos.

Vaat den Tais op dem hèèmvé geduecht a bai sech gesoot huet, dofu vèès ons geshichtchen nèisht.

Van et och net graat en ongglek vaar, da voor et oover e grousse pèch.

Nu as et zwoor net shein, fiir de gèk mat de laiden ze maan, va s am pèch sin. Ma zenter déém daach huet onsen Tais fil èuszeshtoe krit a bis un t èn fu sengem lieven huet en den num behaalen - «shtaiven Tais».

Esoufil èè vèès, shtoung dei geshichtchen hai nach a kènger kroonik, ma vouer a viirklech passeiert as se !

Onggenannt. (C. M. SPOO)

## De Faiermènchen.

Fiirun honerten an honerte fu joeren, vei t viichtelcher nach an onsem lannt gevunnt hun, voor och èèn enert hinen, déén se de faiermènche genannt hun. Diir mèngt flèicht, en hèt dien droolejen nuem krit, vel en emer am faier geshtepelt huet, vei t kaner daat jo esou gèère maachen. Diir iirt iech e beschen, vei der elo heiere vèèrt.

Enges daachs haat dem klènge mènche seng mam e geruf, fiir noom faier ze kuken. Et vollt an et vollt net brènen. Haate se nuun dei zèit iverhaapt nach kèè bloosbalech ooder voor en net graat bai hannt, ech vèès et net. Jidefalls huet de Vizki, esou huet onse viichteljengelche gehèèsh, misse mam monnt an t faier bloosen. An en huet gebloos a gebloos, an dach vollt t faier net zeien. Du gereit die klènge krapert jo an t rooserai an e rift : «A van ech t glous mus èus der hèl huelen, da mus et elo brènen.» Am sèlvechte momènnt as em e glideche shtraal èus dem monnt gefuer, riicht an t faier eran an et huet am nu gebrannt evei ziz. Dem Vizki voor et net mi èènduun, an en haat angsht fiiru sech sèlver. En huet och der mam, dei e gelueft huet fiir daat flaker faier, kèè pipchesviirtchen derfu ferroot, dat hien t glous èus sengem èèjene laif erèus gehèkst haat. Neme voor e fiirvezech, op en daat och nach èng zwèèt ooder dret keier ronbrenge geif. E puer déééch derno gesouch en t mam erem an èngem lèèt baim faier sezen. Si huet ge-

shtepelt a geshtepelt, ouni dat se èpes errèècht hèt. «Loos mech gevèèrde, mam,» soot en an drekt se lues op t sèit. E kneit sech fiirun den ueven, zit den ootem deif enen erop, mecht dek baaken a bleist vaat e kan. Hu huu, koum erem en dekeje shtraal faier èus sengem mon. T mam lèèft an ènger angsht an t kichen, helt en èèmer vaasser a jèizt t hèus fol : «Onse Vizki brènt, onse Vizki brènt !» Vei se zerek voor, an et gung vei de blez, an him t vaasser iver t kop shede vollt, souz hiire jong do ze laachen an èè shtrèpche faier noom aaneren èus dem mon erèus ze bloosen. Si eréésht sech, shleit t hèn om kap zesumen a séét : «Ma Vizki, vaat as an dech gefuer ?» ......... «Vaat elo erèusfiert, mam,» soot e gannz shtollz a befridecht a fiert fiiru, seng shtrèp ze bloosen, vei van daat shpiles vèèr. Seng mam, dei huet e bekukt a bekukt, ma t voor nèisht besoneshes un em ze gesin, an hiir oprééjong huet sech no an no erem gin. Ma si huet hiirem jong un t hierz geluecht, kèngem nèisht fun dèèr faiergeshicht ze ferrooden. Aaver gei emool èngem bouf fun déém alter èpes ferbiden, a sief et och e viichtelkannt ! De Vizki voor kaum dobausse bai de komerooden, dun huet en hine sho fu senger venerlecher konnsht gezielt a se un èngem shtreivesh op en nais probeiert. Sèin nuem voor gemaat, daat hèèsht, fun do un voor hien de faiermènchen. Am ufangk haat dei saach him shpaas gemaach an hie voor net veinech shtollz drop, van t lait hie gebrèucht hu fiir faier ze maachen. Dan huet hie faier geshpèut, vou a vei se et gieren haaten. Ma no an no as dei saach him dach lèstech gin, an en haat um ènn emool net mei gier, van èèn en u seng hèkserai erenert huet.

T nooricht derfu voor mat der zèit och ener t mennshe komm a jiderèèn huet gehoft, emool èpes fun dem faiermènche sengem hookespookes ze gesin ooder ze erlieven. Eènt fun dééne mennshekaner haat dei shâs (chance), ma ...... Nuun daat kent der elo heieren. T viichtelcher haaten emool fergies, t shplek am bierech zou ze maachen, duurch dei se nuets an an èusgaange sin, va se vollte bai t mennshe komen. E bouf haat daat kaum gesin, du duecht e sech : «Elo dèès de mool de faiermènche komen. Hie rift och viirklech mat aler kraaft an t basht eran : «Faiermènche, faiermènche, gef mer faier, net ze daier !» Drèimool huet en et geruf, an emer mei haart. Du koum iech aaver èènt zwèè e shtrap faier èus der shplek erèus esou laang

an esou dek baal vei e visbaam. Die klènge shpotful haat kèng zèit mei fiir t nues zerekzezeien an e kruut t gannz glous an de gannze galem an t gesiicht. Seng hoer a seng aaperhoer voore gesèngt, sou dat èè fu vaidem gemèngt hèt, en hèt lauter brong kraiselcher om kap. Am sèlvechten amènnt, vou t flaam sech ferzun huet, voor och t basht fershwon an de bierch erem zou.

Bai de viichtelcher, sengen èèjene lait, huet de faiermènche seng konnsht net mei gevisen. Et voor em um èn dach ze dom gin, sech vei e flèutekreimer an e paiaas ukuken a bevoneren ze loossen. T saach huet t viichtelcher och net mei esou ameseiert vei am ufangk. De sheinste shpaas vierkt net mei, van èèn en ze daks gesèit ooder heiert, an esou voor et och hai. Dei saach mam faiershpèize koum dan och esou lues a lues an de fergies.

Eng keier nach haat de Vizki, e voor déémools sho fil mei grous, sech an der rooserai derzou ferlèède geloos, de faiermènchen ze shpilen, an daat fiir zerguzt. Ma duu voor et och èus mat senger konnsht a mat him.

En haat en aarme viichtelmènche fershpot, déén en haische fol kaner aaver veinech brout fiir se haat. Déé vollt sech daat duu net gefaale loossen a si sin unenèègerooden. Vei de Vizki gesin huet, dat en déén aaneren net mèèshter geif, rapt e sech las a jèizt vei e roosent deier : «Ech shtiechen der t haip un, ech shtiechen der t haip un.» Eier dei aaner viichtelcher, dei derbèi vooren, en zerekhaale konnten, shprengt en op t haische las, zit deif den ootem, mecht dek baaken an : Hu huu, bleist e sèi geftech faier èèriicht an dem aarme viichtelche seng vunecht eran, dei am sèlvechten ablek och ugefaangen huet ze brènen. Ma de faiermènchen haat sech sèlver dei uerechst agedoen. T flaam huet zerekgeshloen, an am nu hu seng klèèder, seng hoer a seng shong gebrannt. A vaat daat shlemst voor, t konnt kèèn him hèlefen. T faier voor net ze lèshen an de Vizki as zou baz ferbrannt.

Fun do un huet et emer bai de viichtelcher gehèèsh, van e kannt sech em t faier bekemere vollt : «Vèès de net, vei et dem faiermènche gaangen as ?»

Eèn déé velt mam faier shpilen,
Krit am èn och t glous ze filen.

**J. P. BRAUN.**

## Hanspiter.

Novèl.

1

Vèit ueven am Eisslek, e gude shtrap fum duerf U. evèch, lèit den Eneshten Haf.

Vunhèus, shtall a shaiere si massech gebaut an dateieren èus freierer zèit. Eus déén deke maueren, dei sech vei shweierfèlech èus dem buedem dreken, kuke klèng fensteren, mat roude kotengsridoe behaang. Den daach, mat grousse bloe lèe gedèkt, shengt ze fil shweier fiir t maueren, an dei maachen den aandrok, vei van al daach daat shweiert geshpèèr an dei grous lèen se mei an de buedem dreke geiven. Eus de liichte fun der shaier luussen t hèlem, dei, flèicht sho joore laang hai ageklèmt, no an no fermuushten. U groussen aise kréép bai der shtalldiir hèngke shtrèng, kèten a kopelen.

T as rouech um Eneshten Haf, déén an der freisumerson dolèit, vei van en drèème geif. Ivert den daach eriver vèrfen en ètlech grous pepelen hiire shiet, an èus dem gaart somt a bromt den eiveje kôsèèr (concert) fun de baien.

T diir fum hèus gèèt op, an op t shwèl tret Hanspiter. Hien as èng metelgrous geshtallt mat brééde sheleren, èng figuur dei, opshons t 60 laang passeiert, net gebeit as. Enert èngem groussen, èkeje shtreihut kuken e puer fifech, shtoolblo aan erèus, dei dan ant van, vei shpaz mèsseren, erèusstiechen. Am iverejen e geveinlecht gesiicht, daat brong as vei tubaaksfaarf, an èus déém sech e selvereje shèin hieft fu groe baartshtopelen. Zwou dener lepsen haalen èng kuurz ierde pèif, dei mam kap noom buedem vaist. Knaps geif èèn dei lepsen enershèède kenen, dei openèè geprèst de pèifeshtommp haalen a blous haiansdo sech opdin, fiir e shtrèpchen dammp an t gloust fum daach ze bloosen. Vei èng brongrout shtrèif zeien dei lepsen eroof a ferlaafe sech an e puer shaarf faalen, dei vei mat shaarfem miessel gehaan, en èkeje ken erèushieven.

Mat gemiessenem jhèst klapt Hanspiter seng pèif èus, shpèèrt t diir hanert sech zou a léét de shweiere shlessel op t kichefenster, hanert de blel.

Da shlapt sèi shweiere shret de vé oof an de gron, a baal shtecht neme mei die grousse shepejen hut tesht de ginstershtrais erèus, dei sho fol giel knèp sin.

Hanspiter as èng tokech natuur, deí sech net beie leist ; huet en èèmool èpes gefaast, da leist en et net fueren, a van och ales zugronnt gèèt. Vèl seng fra shon zenter laange jooren dout as, huet hie seng kaner, zwèè shtaarek borshten, sèlver gezillt. Kèng matlèèdech fraeseil huet jé dééne kaner leift ervisen. Mat haarder hannt a raue vuurt as Hanspiter hanert seng kaner gefuer, a jèizech krèèsh a shlei haate geshwen die freshe gèèsht èus de kanerhierzer gedriven. Se gouven oofgeshtommpt, a vei en automaat hu se hiir aarbecht gemaat. Sou koum et, dat dei zwèè jonge fershlosse seilen haaten. Kèèn emgangk mat komerooden ; se hu vaider nèisht kannt vei hiir aarbecht. An hiirer shiirbel huet sech jongk t ferlaangeren no der vèllt fèstgesaat, a lues a lues as den troz duerchgebrach.

E freie muerje mecht sech de Bati, den éélsten, duurch t raiser, nodéém sèi pap him de shaie vonnsh, an t vèllt goen ze dierfen, mat raue vuurt a shlei fersoot haat.

Och an déém jengste sengem gemit entshtèèt t ferlaangern. An an der jonger shiirbel vult a roost et : «Ich haalen et net mi èus, ich mus fort. Ich shtèrven hai. Kèng leift kan ich han fiir meng héémicht. Et as mer, vi van èè mer e brièt fiir t shtiiren gebonen haat. Et gèèt net mi. Meng arbecht drekt mich dukt !»

No èngem disput am hèus shrekt Hanspiter èus dem gron t bierjer èus, fiir ze gesin, vaat Kloos mecht, an op seng vuurt èpes gedengt hun.

## 2

Iver de kope lèit e geldene shèin. Am jonge greng fun den hèke somt a bromt et an dausent melodien.

Den himel as shtoolblo vei am heichsumer.

Hai op dem bierch an der oofgeshnidenhèèt shtèèt Kloos, dem Hanspiter sèi jong, hanert dem hooch ; Seng kopel uessen dreit haut en drootmèulkuerf, dat se daat jongt gromperegelèèf net evèchfriesse kenen. Vei van se sech dran ergin hèten knaen se bedèchtech hiir metesmoolzecht erem. Ouni rou, vei t mèul, dei shtènech hin an hier raift, gèèt hiire shwannz, èng eivech gèissel, dei a krengelen ivert hiire rek fiirt. De Kloos shtèipt sech un den hooch. Seng brong aan liichten enert dem grousse shtreidaach fol vèlltvei erèus. E glidecht ferlaangeren as an dem sonferbrannte gesiicht èusgedrekt. Ivert em zeit e leivèkel-

chen am bloen himel seng kréésen, emer mei heich an eivejem bieden : Leiver Got, ferzai mer,

Ech fluche senger lieven net mei,

Senger lieven net mei .........

Sou pèift a shtéétem gebiet de klènge sènger. An opèèmool, no genu bai aiser Hèrgot, teint openais de fluch, déén e fershprach huet, net mei ze din. Vei e blez shtiirzt de sènger eroof, mat èngem «kerdjis, kerdjis, kerdjis !» Sou no bai ferzaiong a gnoot - an dach erem gesenecht.

Kloos kukt dem leivèkelchen no, dien openaist sèi bieden a sèi shtrieven no ferzaiong ufèngkt, a baal geif e mathelefen, viir seng seil net esou bedrekt.

Bant dèèr zèit, vou him alerhannt duurch de kap gèèt, shlapt den Hanspiter èus dem tèneshlaach erèus, dien t shtek emsèèmt. Eng vail bekukt e sech daat billt, da lèèft et vei e glidecht faier duurch en. Seng aan shpreie blezen, vei seng shtem duurch t sonduurchglouste rou jèizt : «Du lidrejen honnt, as daat drèèmen der naj1) net fergaangen ?» En tret op sèi fis duer, hieft t gèissel, dei um buedem louch. «Ich hauen dèr t shmak em t ueren, das de mèngs, Pèistdaaj a Krestdaaj feilen zesaamen. T mèngt èèn net, du gifs fiir dech shafen.»

Enert dé groussen hit erèus krèize sech e puer aan, vei e puer shaarf klengen.

Vei an ènger rooserai, dei kèèn èusdrok fane kan, shtèèt den Hanspiter do. Seng fangeren zeien vei nerveis um shmakeshtil a seng kneie shengen ze zideren.

Op èè shlaach shengt de Kloos ze vuessen. Sèi kierper shtraft sech, an ener der bronger hèut brukt a vaalt en onhèèmlecht faier. «Pap ! Loost mech goon. Fort an t vèllt. Ich brengen et zerlieven zou nèist gouts hai. Mengt hièrz ferlangert no der vèllt, an haalt dièr mech hai, shtièrven ich jungk. Ich vel dobèusse vaisen, dat ich meng hèn gebrèuche kan. Ich mus aaner lèkt geséén. Loost mich goon, hai gin ich krangk, an dèr hat nemen ièrjer.» - Mat groussem shwongk helt dei zesumegesongke figuur fum Hanspiter zoum shlaach èus. «Ich draiven dèr elo dei nèupen èus !»

E shweiere shlaach pèift duurch t gloust, a vei èng shlaang - e blez - zit sech t gèissel em de kierper fum Kloos,

1) ooder najch etc.

déén elo an t luut gèèt. Eng grimas vaist, dat en t peng ferbèist.

Ech si ké kannt mi, an ich ferbeide mèr daat do !» Mat fèstem graf peze seng fangere sech em t hanntgelèngk fu sengem pap, bis déén t shmak faale leist.

«Lo as et èus. Kèng shton mi blaiven ich hai, an nèist ka mich ophaale, mèi vé ze seichen. Dèr draift èèr kaner jo sèlver fan iech mat èère shli a fleich. Su hat Batis et oj geshpuurt. Dé kruut graat vei ich t leift zur shol oogeklapt. Hèn as ouni su gangen an hèt ièvel de véch bis an Amérika fonnt.»

Vei van en zefil gesoot hèt, hèlt en op, dreit sengem pap de rek, an ouni e frentlecht vuurt ferloosse se sech fiir t lieven. An dach shleit a jiderèngem des sèlvechte blut.

Zwèè puer traier aan gin enert dem jach èus dem Kloos no, die sech baal hanert den traish ferleiert.

Eng vail, vei ershloon shtung Hanspìter do. Sol hien en erem rufen, de lèshte shpras fum Eneshten Haf ? Baal geif èèn et mèngen. Vei gemelt an der seil hieve sech seng èèrem a shtrèke sech geint himel. Nemen en amènnt, a vei gebrach klapen s eroof, an en troz duurchzit sèi gesiicht. Vei van e sech shume geif, sengem hèèrz baal gefolecht ze hun, shloe seng aan sech nider. Lues keiert e sech oof, èus angsht, e puer bronger aan kennten sech am haas mat senge krèizen.

Vei ervècht èus draamduurchvieftem shloof, raaft en t gèissel op, dei e krèftech iver de rek fun den zwein onsheleje beishten zit. Den troz as ervècht, an t faier, daat opflaame vollt, as gelèsht.

Ershrèkt vèrfen sech t uessen an de jach, a vei ongebèèrdech zit den hooch seng fuur tesht de riichtgeraite krompereplannzen. Vei fun alen daivele gejoot, hèèt den Hanspiter op dei aarem deieren.

An der fèèren shwèift de Kloos. Kèè frentleche gedangk un hèèm, u seng kanerzèit, leist e mei liicht an t zukonft kuken. Mat dèishterem blek gèèt e sèi vé, vei èèn, die vèès, vouhin a vaat e velt.

De shtuurem huet laang genuch gedauert. Fol shwèès shtin t uessen do. Hanspiter bekukt seng aarbecht. Vei èng zefridenhèèt zit duurch daat rèut gesiicht. Sech sèlver huet e gevisen, dat e sèlver emshtannt as, nach ze shafen.

Vei zum shpot zeien dei den lepse sech zesumen, a baal klengkt en héést laachen duurch t kloer loft. «Git al bai der daibel ! Ich maajchen ales eleng. Najch sen ich shtarik, a van et net mi gèèt ... Jo, gi, gi ojch a Mérika. Git alebikt, fècht-brider ! Amplaaz dohéém eier ééje kuusht z èèssen, git an t frièmt èng hèèshen. Gi no Mérika, gi !». A mat shpot an haas am gesiicht shtèèt Hanspiter do, a seng hannt mecht èng be-vééjongk an t fèèren, vouhi sèi sonn de vé gesicht huet.

Iver de fluer kent esou lues a lues den oovent. Duurch t oovesrou shaalt de ruf fun ènger ongk, die baal fun ale sèitc beèntfert get, bis de shaureje kôssèèr komplèt as. An den haiser flaamt lues èng luut no der aaner op. T get dèishter. Daat lèsht groot fum himel as ferzun an huet dem shwaarzblo plaaz gemaach, duurch daat haiantdo fershimmt e shtèèrche liicht.

Fun de kopen eroof shtuurke, vi pèchshwaarz gesiichter, grous tènen eroof an den dall.

Fum kiirchtuurm pengkt t klak den oovessééjen.

Hanspiter, die seng oovesmoolzecht agehol huet, ferleist t hèus. Sèi vé feiert en, fiir t eisht a sengem lieven, bai Dep-ches Greit, daat èng klèng viirtshaaft bedraift un der lannt-shtroos. Isoleiert lèit daat nidrecht hèus do, a seng blazech luut liicht mit an t nuecht.

Den daach duurch as kèè ferkeier, haiantdo e jhandaarem op der patrul, e rolefaks ooder en duushteje rèèsender. Ooves komen dan e puer duerflait haihin, fiir hiirt kaarteshpilche ze maan.

Sou den oovent. Un èngem desh am èk sezen hiirer feier baim kaarteshpill ... Fru sech de kaarli, die gannz bedèngklech sèi gliese kap reselt, soudak dei knorech fèisht op t deshblaat klapen, fiir t shtrèèch am shpill ze markeieren. Eus shtupeche pèife kwelt e grailechen dammp an t luut, déén sech vi e shlaier em de petrolskèngki léét.

T Greit, èng aal jofer, dei kèè vollt ooder kèè krit huet, sezt am shèin fun der luut mat èngem kueref gefleks. Hiir haart hannt feiert ongeshekt èng graf nool.

Derbanst, vou t shpill fiirugèèt, gèèt t diir op, an eran tret Hanspiter. Fervonert kuke s al op, an al aan gin him no, bis en op der sidel plaaz gehol huet.

E knapsen «Gu oovicht !» klengkt duurch t shtuf. «E kaarli, Greit !»

Hanspiter helt sèin droot erèus, shnait eroof, grimelt den tubaak a shtopt op. Bant dèèr zèit gèèt t kaarteshpill fiirun, an t Greit as t beshtèlong erléédejen.

Desen oovent as dei eisht shtazioun fum Hanspiter sengem krèizvé. Vei e gevunechsdrengker bozt en èng drepchen no der aaner. Al den ierjer an al misèèr mus evèch geshpult gin.

E puer jonger borshten trieden ann, froe sech en humpen a seze sech un den desh, vou Hanspiter sezt. Et si komeroode fum Kloos, sengem jong. Dei brong gesiichter gin èng gèlech lievenslosht erem, a mat laachen a monterem geshpreich ferdraive se sech t zèit.

«Dèr hèt Kloos ojch sole matbrèngen, Hanspiter !» mèngt èèn. Hie sollt ojch emool ener seng komeroode komen, da lis hèn daat kaphèngke vaal faaren. E jung vi dèèn, die bai al méétche goe kennt, gèèt iver t shtraas, vi van en net vist, vat e fraumennsh as.» -

«Naj e kaarli, Greit !» èntfert dem Hanspiter seng héés shtem. Vei e fun der naier moos gedrongk haat, gèèt et vei e liichten duurch en, an ouni dat en derfiir konnt, as et senge lepsen entkwol : «Kloos - hihihi, dèèn as fort - a Mérika ! Dèèm as sèi pap a seng shol net gout genouj. Hot as hèn den aneren no. Lo kukt dèr, net ? Daat sen kaner ! Eist gannz lièven ha mer gevudert a gedoon, éé kop noom aaner de bièrjer aafgedrekt, fiir dat t kaner et bèsser solte kreien. Den haf as zwèèmool esu grus vi ich e fan mengem pap, getreisten, iverholt han. Ales as a goudem zoushtannt. Ich kennt e glekleche mann sen, va meng jungen aanesht vieren. Vat as on se gefaaren ? Eé séét vi den aaneren, e ging shtièrven, van en dohéém blif, an da loofe se mèr fort. Vat han ich fa menge kaner ? Ièrjer, a van ich shtièrven, zerfèlt den haf, déén ich sou gout gefuert han, a klèng déélen a frièm hèn. Vat sech fa pap ze sonn joorhonertelang ferièrft hat, zerfèlt an nèist !» -

Hanspiter shtuurkt vi entgèèshtert zum aaneren desh. Vei van e seng opgerééchthèèt net vellt mierke loossen, peze seng aan sech lues a lues zesumen, a loosse knaps nach èng shmuel shplek op. «Han ich hine gèt fervièrt ? Ich vest net !» - Jo, Hanspiter ! ales hat dèr hine fervièrt !» rufen dei jong borshten.

«Ales, Hanspiter. Dèr braajcht et esu vèkt, dat èèr kaner èèch gefaart han, an net mi esou kèèn vooren, fiir gèt fan èèch ze hèèshen. Dèr hat se, fa klèngem aan, esu geviènt, dat se kèè begièr mi duarften han. Kéé mennsh kan eiere jungen gèt nosoon. Et vooren di bèst èus dem duaref. A déén hinen èpes noséét, mus e shlèchte mennsh saan. Su èn vi hiire pap !» -

Hanspiter drèèmt fiiru sech, net esu keng opzekuken. Fil mei lues grèift en no èngem kaarli, déén désèlvechte vé gèèt vi seng fiirgènger.

No an no get et aidel an der shtuf. Baal hieft sech Hanspiter och a mat tuurkelen an trelen sicht e sèi vé de gron oof.

## 3

T as am hiersht. T alerseileklake si shon èng vail ivert de bierjer ferhaalt. Vei zidrech fu kéélt shtrèken dei miljoune fun hèèdeblumen hiir kaal fengercher an t rèu loft. Daat fresht grengt fum ginnz as ènger dèishterer faarf gevach, a vei beis, dat dei shein zèit ferflun as, zeien dei dongkel tènen èng dèishter min. Kèng blei, kèng blum mei vèit a brèèt. Ivert t kope joot de rèue kaale vannt, die baal shnei an èis brengt. -

Frei muerjes. Brongkech zit èèn daach ivert t Eisslek. Ales as nach a rou, blous an de shtèl reiert sech t fei.

Um Eneshten Haf blezt e liichtchen - vei ferzoot. Hanspiter, no vei geveinlech duurchzèchter nuecht, tret sèin eishte gangk un. Noutdiirftech geklèèt, knaps genuch fiir kéélt an nèzt ze vieren, shlabert en, e kèèrzeshtommp an der hannt, duurch t aalt gebai. En as net mei gevinnt, seng glider, dei shtaif fu kéélt sin, duurch èng gut vaarm muerjeszop ze viermen. Dei puer vou de Kloos elo fort as, huet hien ales, bis op den haf sèlver, t shtras oof gekeiert. De branntvèin vaar sèin èènzejen trousht.

Hanspiter ziert haut u sengem lèshten.

An de brongkechen himel shtrèken nach emer dei heich pepelen hiire buŭshteje kap, déén de vannt vei ferzwaivelt ze kème sicht. T hèus shtèèt nach do vi sos, mè vou èèn nemen hikukt, as zerfall an noleissechkèèt ze gesin. T fiisht diir as gro, vei de muerjen dobèussen. Al faarf as oofgebleidert. Fun der fassaat as de bevorf a grousse plaazen eroof gefall, an de

shweieren daach lèit op dem gemaier vei èng ivermenshlech laasht. Ales as um oofshtierven. Lues shlapt Hanspiter an de groe muerjen. En zit t diir hanert sech zou. Die fiir e puer joor nach esou shtaarke mann as duurch an duurch zesumegefall duurch de sof an daat lidrecht lieven. Fernoleissecht, kèèn hallt gesicht a kèè krit, fu Got a vèllt ferloos, lieft hie seng dééch. Vie vèès, vei laang ? -
De kap deif tesht de sheleren, mat fiedreje kneien tret e sèi vé un, sèi vé fun al daach.

Knaps das dei aaner lait èus de bèter sin, shlèift de shlabreje gangk fum Hanspiter shon duurch t duerf. Kèè mennsh mei uecht senger, an en as t geshpet fun e puer shpaasfulen a fun de shoulkaner.

Hie shlènert de vé op bai Depches Greit. Den daach fergèèt him am eivejen èngerlè, vei hien et joorelaang net aanesht kènt. Bai sengem kaarli sezt hien a shtuerkt fiiru sech vei am halefshloof. Sou trelt en de gannzen daach um sèlvechte flèk, sèlver net mei esou fil mèèshter ivert sech, fiir aanesht ze din. De branntvèin as hèèr iver den Hanspiter, huet al seng sen gefaast a leist hien net mei las. Lues kent t nuecht. An der klènger viirtsshtuf get t luut ugefaang. Am dueref as t nuetszop ferbèi, a vei ferloos zeien e puer pengkerte fun der nuetsklak an t viirtsshtuf eran.

T Greit sezt do am geveinleche boz, e velent kapduch em t oueren, voufun dei zwèè èner sech enert dem ken zou èngem deke knuet ferèènejen, dien an di bekannt ieselsoueren èuslèèft. Hiir haart fangere feieren t nool onggeshekt, mè mat èifer, duurch e grous kareierte shtof.

Hanspiter tiirmelt hanert dem desh. Kèè vuurt enerbrecht t rou hai. Blous danantvan bromt èng mek, dei hai ivervantert, em de kèngki, déén onrouech opliicht, vèi èng trauliicht. Dobèusse shaale shweier tret, a baal gèèt t diir op, duurch dei èng geshtallt erantret, grous vi e Goliat. T as Kishtches Nekel, e kèèrel fun e puer an zwanzech joor, komeroot fum Hanspiter sengem jengsten. «N oovent zesaamen !» séét en a sezt sech bai den Hanspiter un den desh. Die mecht graat vei va kèè mennsh erakomm vier. «Brengt mèr en humpen, Greit ! Dèr hat ièvel ivich di sèlvecht kon.» Greit bedengt en an Hanspiter kukt mat sengen halefzougepezten aan op sèi visavi. Kèng min ferzit

sech an dem ferhèèrte gesiicht. Eng faal rait sech un der aaner, vei a shtèè geha. «Vi os et dan, Ḫanspiter ? Vat micht Kloos a Batis ? Hat dèr naj nèist hieren ?» Daat as prèziis gefroot, a vei èng onhèèmlech onrou belieft sech opèèmool dem Hanspiter sèi kierper, an da krèisht et èus dem Hanspiter sengem mon, vei van èng aal diir an hiire rashtejen aangelen dreint. «Kloos a Batis - hihihi - bai der daibel sol ech goon, van ech vèès, vu se sen. Gaar nèist vèès ech, gaar nèist. Dat sèi junge geviast, t jis jung ! Kuk, hèt ich s elo enert den hèn, ich driet hinen alebigden den halls em. Sen dat naj kaner ?» - Vei fun em ater gebas vaar den Nekel an der luut. Seng hannt fiert zum halls, vei van èpes do e shpèère geif. Hanspiter,» fiert en op sèin nooper duer, «as dat gesoot fer di bèst jungen, di am duaref vaaren ? Dangkt aiser Hèrgot, dat dèr en aale mann set, sos ging et iech net gout. Eier jungen vooren di bèst. Dèr hat se ze shtrèng gehaalen, su dat se net emool op kirmesdaach sich gèt erlauben dureften. Dèr hat se fa kanntdééch an mat shmak a mat fiis hanebèi traktiirt, dat et èèn erbaarme must. E voner os et, dat di aarem jungen et su langk naj èushaale konnten. Kushe muste si sech emer an al arbicht maajchen, di dèr hinen opdrujcht, égaal op frauleks- ooder hausarbicht. Kéént gout vuert, geshwaijs en troust, guft dèr hinen. Hiert èlternhèus voor hinen en zuujchthèus, an hiir arbicht èng zwangsarbicht. Dofiir konnte si dem héémechtsbuadem kèng lift a kèng suarich aafgevanen, se han de buadem, déén si gezillt a genièrt haat, ferfloucht - vi e gefangene sèi prisong ferfloucht. Hanspiter, dèr vaart èère junge kèè pap, ièvel - èè prisongsviechter. Su os et, Hanspiter. An nuun erlaupt éèch kéés mi, eier jungen, dei elo an der frièmt hiir kuusht ferdeine missen, ze lèsteren, ooder ech fergèssen, dat dèr grojch hoor hat. Hat dèr daat fershtanen ?» A sech zesumegesongk, vei ershrèkt, sezt Hanspiter do. Seng dreif aan shtuurke vi fol angsht op sèin nooper, die rout vi t krèit fun èngem hun sech erem sezt.

Vei fiir nach èpes ze soon, krèisht Hanspiter : «Si vollte jo kèng héémecht mi. Fer vat sen se fortgeloof ?» Daat as t résonemènnt, vat den Hanspiter sech emer mecht. Doriver kent sèi kap net evèch. Et kan him net aliichten, dat et èpes am laif get, daat sech net diirèngele leist, an dat èè fengke fu fraihèèts-leift sech zor flaam an zom grousse brannt ufache leist. Dat

èus èngem èngshterleche kannt e mann ka gin, dien al onerdreijlechkèèten opéémool oofvesht, an déén de kammf mam lieven ophelt, soubaal et mus sin, daat gesouch hien net an.

An ènger hossecht drengkt e sèi kaarli aidel an tiirkelt mat onfershtèntlechem gebrom duurch t diir.

Dobèussen as et dèishter, vei an èngem saak. De vannt pèift iver t kopen, vei den Hanspiter sech sèi vé t visen oof sicht. Mat getuerkels a getaashs huet en de paat fonnt an toopt op den haf las.

Enen duurch de gronnt sheist t baach a vele shprengk fu shtèèn zu shtèèn, mat fil gedèish a gebromels. Onhèèmlech klengkt den dèush fum vaasser, an déén sech di kaal loft mesht - e grousse shaureje concert. Mat fluchen a rèsoneieren as Hanspiter am gron. Vei van èps onhèèmleches an em fiirgeng, a vi va sèi resoneiere sech opèèmool zou èngem fèsten entshlos fershtaift hèt, gèèt en opèèmool mei riicht. Seng geshtallt huet sech geshtrèkt, a vi e geshpènst zit die shweiere shiet dem haf zou. Net vei sos gèèt sèi vé op t hèusdiir zou, mè op t shaier.

Vaat sol an déém tokseje kap fiirgoon ? Vei van èng eivech onrou him zouteke geif. «Elo gèèt et duer, Hanspiter, vèl viirtshaafs de esou vaider, hues de geshwen kèèn hiem mei. T hèus fun dengen èlteren, daat och denge kaner geheiert, mus dan a friem hèn goon.» Hanspiter shengt e groussen entshlos gefaast ze hun. Vei am feiver taashten seng fanger zidrech noom rangk fun der diirchen, an a shtènechem geknouters mecht en èntlech de getshel op.

Fèst a secher, vei van en eniichter vèèr, klemt en zuur pèèrtchen an. Op de ferloossenen dilen fun der gèn shaale seng shret erem, an dommpem shall, vei an ènger grousser kiirch. Erfeiert kloot e kèizchen, dien an dèèr eivejer rou elai sech nidergeloost huet, a sèi kloruf dèèt den Hanspiter shuderen. Vei vangkelmidech voor en déén amènnt a sengem entshlos. En zekt - dan zidert seng hannt no der jhilistèsh a baal raift en e shwievelshpoun u senger boks un. Dei blo shwievelflèmche liicht op, an an déém blèèche shèin shengt t gesiicht fum Hanspiter vei behèkst. Eng gèlech daivelsfrèèt grinst do dei aaremseilech flèmchen un, a vei fun alen daivele gejoot, ervesht en e vesh shtrei, dien zenter joore ferloos dolèit.

Baal flaamt et op, an an der flaam, dei emer mei grous

get, gesèit èèn, vei Hanspiter ales, vaat brène kan, mat onsechere shret erbèishlèèft, an op t flaam verft. Da mecht en t diir haneru sech zou a shret op sèi léer las, vei zefride mat senger lèèshtong. -

4

Am dueref lèit ales a rou. Eng luut no der aaner as fershwonen an der nuecht, an e pèchshwaarzt dongkel leist net emool t bèèm erkènen. De vannt huerelt vei fu rooserai, dat en nèisht fent, vourun e sech èusloosse kan.

Op èèmool fiirt èng kliinzech fongk enert dem shaierdaach an t shwaarz nuecht. Eng vail dannzt se dorueter, vi va gèèshterhèn se sech zouvèrfe geiven, vei e glidechroude balech, die baal fergloust an t nuecht zrekfèlt. Eng zwèèt folecht ; èng dret - emer daat sèlvecht shpill.

Lues a lues hèucht de vannt ener t geshpèèr, an elo brecht t flaam duurch. Eisht klèng, vei onsecher, vei van se neme fersiche vellt, t nuecht mei hèll ze maan, dann ugefacht fum vannt viist se zoum grousse faier. Baal roost et a joot et an dem aale geshpèèr, an onhèèmlecht gekrekels shekt vonerfol faiergaarve geint himel. T shaier brènt, de shtall och, a baal as et um haus.

A bludech roudem shèin an a geldenem fongkereéén beien an zeken t pepelen hanert dem haus ; vei grous onhèèmlech biesemen fuchteln hiir fazech kèp hinantvider. An onbèndejer frèèt fiirt de vannt ener t flaamen an hèucht hinen nai glous an nait feiver ann. Fongke fueren a gevalteje masse geint den himel, die sech rout zèèchent. Duurch t kraache fum gebèlk, daat ooffèlt, duurch t graulech musek fum vannt pengkt t faierklak !..

Ze shpeit. Do shtèèt t gannzt dueref. Kèè kan hèlefen - t as ze shpeit. Vei van en t lait vellt fershpoten, dei do erbèigelaaf sin, fiir ze hèlefen als gut kreshten, fiir ze rète, vaat ze rète sollt sin, jèizt a grengt de vannt èngt viderlecht shpotlit, dat t fongken doruechter shprezen, t flaamen openais blezen an t dune kraachen, vei van jengster daach viir. Vei klèng, vei getouft shtin t lait do fiirun dem faier, vou de vannt a senger ongezijelthèèt t flaam gèisselt, dat jo nèisht fun al

dèèr hèèrlechkèèt sol ivrech blaiven. «Vu os Hanspiter ?» dei fro shtèèt op ale gesiichter geshriven. T as kèèn sou keng s èuszeshpriechen.

Hanspiter shleift sèi lèshte shloof. Mat déém, daat him nach blive voor, fent hien sèin energangk. En huet den èusshproch : «Vat ich fa mengem pap geièrft han, gèèt mat mèr ènges vééchs ze gronnt», vouer gemèèt. Sou huet e seng kaner feruecht, dat en hinen t hèèmecht fiir eivech entzit. «Naist kraien se, gaar naist», daat as elo vouer.

Vaat fum Eneshten Haf nach bliven as - net fil. Gevaltech lèèmech maueren, fu faier an dammp geshwèèrzt, an èng ferkuelte lèich ......

Iver t rèshter joot de vannt a bleist de shnei erbèi. T pepelen, dei mat hiire ferbrannte buushten am vannt kluunshen, shengen de kap ze reselen iver daat mesgeshek, daat esou haart iver den «Eneshten Haf» eragebrach as.

**Eug. BAULER.**

(Not 1. Eng grafi «gekajcht, luujcht,» vaist op èng èusshprooch mat fèstem j hin (vi sos a viirder vi «ech, liicht») ; dat sèlvecht gelt, van e j elèng um èn fun èngem vuurt shtèèt. Am lezebuurjeshe shtèèt jo um èn kèè shtemhafte konsonannt.)

(Not 2. A viirder vi vièdr kent den i èngem j, an esoue vi duaref den u èngem w zimlech no. T betounong lèit op dem è, resp. dem a)

# An desem hèft:


| Titel | Auteur | Sèit |
|---|---|---|
| Ons Sprooch | Nic. Welter | 3 |
| Ons Fraihéét | Demy Schlechter | 4 |
| De blanen Tais | Dicks | 5 |
| De Kèshtebaam am Koleish | M. Lentz | 6 |
| Dem Jabo seng Kaap | Batty Weber | 7 |
| Arvoar, leif Fren ! | W. Goergen | 9 |
| 1798 | Demy Schlechter | 10 |
| T Gestapo as do ! | Siggy fu Lezebuurch | 11 |
| De shtèèrkste Velen | Th. Faber | 13 |
| U Vollz | Fr. Clement | 13 |
| T Viichtelcher hèlefen dem Marichen | J. Imdahl | 15 |
| T Klake fu Meishtref | Velem Weis | 17 |
| Miir rufen ! | P. Noesen | 18 |
| Aus der Kanerzait | C. M. Spoo | 19 |
| Vei et dem Kreshtbéémche gong | W. Goergen | 21 |
| Mèin Dierfchen. - De Shtupenèk | Demy Schlechter | 23 |
| De Jhosi | Fr. Clement | 26 |
| De Golltvaier | J. P. Braun | 30 |
| Shtaaterbesuch um Baurenhaf | Siggy fu Lezebuurch | 32 |
| De Paash fum Jhang de Blanen (iversaat) | H. A. Dourliac | 34 |
| Kaner, plannzt Bèèm ! | E. J. Klein | 42 |
| Vei t Eissleker Lait am XVIII. an am XIX. Joorhonert gelieft hun | E. Diderrich | 43 |
| Trauerriet op den Dout fun ènger Kaaz | Dicks | 45 |
| De shtaiven Tais | C. M. Spoo | 47 |
| De Faiermènchen | J. P. Braun | 50 |
| Hanspiter | Eug. Bauler | 53 |


N. B. Di stheker an desem hèft sin nemen en déél fun déénen, dei fiir t Lieseboch paraat laien. De choix berout frun alem op zwangslééfejen aisseren emshtèn.

Esou gin och enètlech ortograafesh varianten èksplizeiert duurch en èpilooch zum gannzen ooder duurch notizen zu gevesse shteker, dei zoufèlech ereisht shpeider gedrekt gin.